# 43e séance

## Mercredi 7 mai 1997

*Présidence*

*M. Jean Spautz, Président*

*Ordre du jour*

Déclaration de politique générale sur l'état de la Nation de M. Jean Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jacques F. Poos, Vice-Premier Ministre; MM. Fernand Boden, Marc Fischbach, Johny Lahure, Robert Goebbels, Alex Bodry, Mmes Marie-Josée Jacobs, Mady Delvaux-Stehres, Erna Hennicot-Schoepges et M. Michel Wolter, Ministres; M. Georges Wohlfart, Secrétaire d'Etat.

*(Début de la séance publique à 14.33 heures)*

**M. le Président.**- D'Sitzung as op.

Huet d'Regirung der Châmber irgendeng Kommunikatioun ze maachen?

*(Négation)*

Dat as nët de Fall.

Dir Dammen an Dir Hären. Mir héieren haut d'Deklaratioun vun der Regirung zur Lag vun der Natioun. Ier ech dem Här Premier- a Staatsminister Jean-Claude Juncker d'Wuert gin, wëll ech Iech drop opmiirksam maachen, datt d'Debatten déi nächst Woch wéi folgt festgeluegt sin:

- en Dënschdeg, den 13. Mee, ëm 15.00 Auer;
- e Mëttwoch, de 14. Mee, ëm 14.30 Auer;
- en Donneschdeg, de 15. Mee, mueres ëm 9.00 Auer a mëttes ëm 14.30 Auer.

Et sief drun erënnert, dass laut dem Artikel 90 vum Châmberreglement d'Riedezäit folgendermoossen agedeelt as: Dene fënnef Fraktiounen an der Regirung sti jeweils zwou Stonne Riedezäit fir d'Debatt zur Verfügung. Wat d'Diskussioun iwwer d'Resolutiounen an d'Motiounen ubelaangt, gesäit den Artikel 92 vir, datt dene fënnef Fraktioune jeweils zousätzlech 40 Minutten zur Verfügung stin, déi an d'Debatt abezu kënne gin.

Ech wëll nach bäifügen, datt mer als zweete Punkt de Projet de loi 4214 iwwer eng Anleih vu 4 Milliarden um Ordre du jour hun.

Ech gin dem Här Premier- a Staatsminister Jean-Claude Juncker d'Wuert.

## Déclaration de politique générale sur l'état de la Nation de Monsieur Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'Etat.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Mat séierem Schrëtt bewege mer eis op wichteg politesch Momenter zou.

A véierafofzeg Deg fänkt déi lëtzebuergesch Presidentschaft vun der Europäescher Unioun un.

A sechshonnertdräi Deg schreiwe mer den 1. Januar 1999, deen Dag, op deem den Euro agefouert gët, deen Dag, op deem déi lescht grouss europäesch Ambitioun vun dësem Jorhonnert Realitéit gët.

Nach nënghonnertaachtasechzeg Deg trennen eis vum 1. Januar 2000. Mir spiren haut schon, datt dat keen neutralen Datum as. Wann een neie Säkulum ubrécht, wann een neit Jordausend a säin Ufank geet, dann ännert sech méi wéi nëmmen déi zwou éischt Zuele vun der Joresbezeechnung.

Wat sech alles ännere wäerd, dat wësse mer haut nach nët ze soen. Datt sech awer villes ännere wäerd, dat fille mer, wa mer an eis an an déi aner eralauschteren: d'Jor 2050 wäerd dem Jor 1950 nët gläiche wéi eng Dréps där aner. De Spronk an dat nächst Jorhonnert wäerd d'Welt a wäerd och eis méi staark a méi nohalteg verännere wéi dee Saz, dee mer den 1. Januar 1900 gemaacht hun.

Iwwer déi lëtzebuergesch Presidentschaft vun der Europäescher Unioun wëll ech haut nët vill Wierder verléieren. Zu Onrecht vläicht! Vill Zäit, vill Energie a vill Iwwerleeës gin zënter Méint an hir Virberedung investéiert. Mä Är Châmber huet viru Wochen, am Kader vun der aussepolitescher Debatt, dës laangen an dës breden doriwwer Rieds gehat.

Jhust e puer Bemiirkungen nëmme wëll ech maachen: e puer Bemiirkungen, déi Iech op een Neits solle weisen, wourëm et geet a wat op eis zoukënnt.

Mir wäerten eis Effore mat den Ustrengunge vun dene verbannen, déi alles wëlle maachen, fir datt d'Regirungskonferenz, déi de Maastrichter Vertrag iwwerpréife soll, de 16. an de 17. Juni zu Amsterdam mat Erfolleg kann ofgeschloss gin. Déi hollännesch Rootspresidentschaft huet gutt geschafft, vill Phantasie a Kompromësswëllen ënner Bewäis gestallt. Et wir hir - an och eis - ze wënschen, datt hir Aarbecht dee verdingte Succès géif begéinen.

Op eis Presidentschaft kënnt am Fall vu positiven Amsterdamer Noriichten d'Aufgab zou, d'Erweiterung vun der Europäescher Unioun no Ost- a Mëtteleuropa op de Wee ze bréngen. Dës Erweiterung as noutwendeg, wa mer de kontinentale Fridden an den nächsten honnert Jor wëlle

behalen, wa mer wëlle sécherstellen, dass de Krich als Optioun tëschent den europäeschen Natiounen am 21. Jorhonnert verschwënnt. Mä dës Erweiterung gët schwireg, well mir musse Länner uneneeschweessen, déi zwar all al europäesch Natioune vu fréier hier sin, mä déi e grausamen Dekret vun der Geschicht wäit vun eis ewech gedroen huet. Dofir muss d'Erweiterung gutt iwwerluegt a propper op d'Streck bruecht gin. A spéitestens engem Jor wäerd eng Majoritéit vu Lëtzebuerger däitlech géint d'Erweiterung Stellung huelen. Och da muss nach gëllen: d'Opmaache vun der Unioun fir déi nei europäesch Demokratien as keng Méiglechkeet, si as eng Noutwendegkeet.

D'Presidentschaft ergeet sech awer nët an dem Festleë vun enger ugemiessener Erweiterungsmethod. Si muss och dat europäescht Alldaagsgeschäft meeschteren. Och dat as schwéier. Och dat as ustrengend. Och dat belaascht eis bis hannenhin. Mir musse wëssen: formal presidéiert d'Regirung, optimal presidéiere mer awer nëmmen, wa mer alleguer presidéieren a wa mer während där Zäit een op deen anere Rücksicht huelen. D'Demokratesch Partei huet duerch de Mond vum Här Grethen wësse gelooss, si géif d'Regirung während der Présidence méi duuss upaken. Ech fannen dat nët selbstverständlech, an ech wëll dofir déi Ausso vun där gréisster Oppositiounspartei als ee korrekten, als ee fairen an als ee responsable Geste würdegen. Et mécht eis eis europäesch Saach wesentlech méi liicht.

D'Währungsunioun kënnt mat Sécherheet. A si kënnt mat Sécherheet termingerecht fir den 1. Januar 1999.

Mir hun hei am Land d'Chance, datt déi dräi grouss Parteien de Wee an d'Währungsunioun zesumme wëlle goen. Och hei verdingt d'Demokratesch Partei Unerkennung dofir, datt se zu kengem Moment probéiert, aus där verständlecher Onsécherheet vun de Leit politescht Kapital wëllen ze schloen. Ech menge souguer soen ze kënnen, datt och vill anerer hei am Haus grondsätzlech d'Währungsunioun als ee richtege Wee ugesinn, och wa mer an den Nuancen nët op alle Punkten enger Menung sin.

Mir hun och d'Chance, datt mir ëm eisen Anzuch an d'Währungsunioun nët ze baange brauchen. Lëtzebuerg as op den Dag vun haut dat eenzegt Land, dat sech ouni Awänn vu kengem fir d'Währungsunioun qualifizéiert. Dës Tatsaach - dat miirken ech op der Rees, an dat miirken ech beim Liese vun auslänneschen Zeitungen - huet eisem klenge Land ee grousse Prestige abruecht. Eis felerlos Qualifikatioun as och de Beweis fir déi fundamental richteg Ausriichtung vun der Finanzpolitik vun dene leschte fofzéng bis zwanzeg Jor.

D'Regirung as iwwerzeegt dervun, datt eng signifikativ Grupp vu Memberstate bis zum Ënn vum Jor d'Zougankskritären zur Währungsunioun erfëlle wäerd. Dat gëlt fir Däitschland sougutt wéi fir Frankräich. Dat zielt awer och fir eise belschen Noper, deen an de leschte Joren eng aussergewéinlech Konsolidéierungsleeschtung vollbruecht huet. Dës Leeschtung huet wesentlech zur Stäärkt vum belsch-lëtzebuergesche Frang bäigedroen a mécht der Belsch de Wee an den Euro op. Mir si frou doriwwer!

Och d'Währungsunioun wäerd d'Presidentschaft an Otem halen. Och si muss grëndlech a mat sécherer Hand virbereet gin. Heibäi däerf eis kee Feler ënnerlafen. Mir musse méi wéi eemol Brécke bauen tëscht ënnerschiddlechen Opfaassungen an ënnerschiddleche Sensibilitéiten. Ech mengen, mir kënnen dat.

Mä d'Währungsunioun as keent Zil u sech. Si geet sech selwer nët duer. Si muss esou gemaacht gin, datt si de Wuesstum undreift an d'Beschäftegung stäipt.

Si brauch och d'Uleë vu korolläre Folgepolitiken.

Mir hun d'lescht Jor hei erkläert, firwat mer am Währungseuropa eng Steierharmoniséierung brauchen, déi méi wäit geet wéi déi, déi mer haut kennen. Europa brauch eng méi enk Koordinéierung vu sënge Steiersystemer, an eist Land brauch se och. Ech soen aus aktuellem Anlass nach eng Kéier ganz klor: eng Steierharmoniséierung, déi sech op d'Harmoniséiere vun de Kapitalertraagssteiere beschränkt, stéisst op energesche lëtzebuergesche Widderstand. Eng gutt iwwerluegte Steierharmoniséierung awer, déi all Aspekter vun ongesonder Steierkonkurrenz begräift, ka mat eiser Zoustëmmung rechnen. Mir wäerte während eiser Présidence eng zolidd Initiativ an deem Beräich huelen. Elo scho probéiert de Budgetsminister, den Här Fischbach, d'Aarbechte vun där sougenannter Monti-Grupp an déi Richtung ze orientéieren.

Mä och d'Sozialpolitik brauch an Europa een neie Wand. Wien d'Steierharmoniséierung wëllt, well en den onfaire steierleche Wettsträit wëllt ënnerbannen, as nëmmen da glaafwiirdeg, wann en och de sozialen Dumping duerch eng méi breet Sozialharmoniséierung erschwéiert. Op dësem Punkt wäerte mer eis Partner testen.

Och heiheem muss d'Euro-Zäit preparéiert gin.

Mir mussen eis Betriber op hirem Wee an den Euro ënnerstëtzen. Ech hu gesot: eis Betriber. Dat heescht, datt nët nëmmen d'Banken, mä och d'Industrie an de Mëttelstand eng staatlech, dat heescht, eng steierlech Begleedung brauchen. D'Betriber mussen hir Informatik an hir Logiciellen adaptéieren, mussen hiirt Material ersetzen an hir Clientën informéieren. Dës Käschte riskéiere besonnesch während der Transitiounszäit virun dem definitiven Ëmstellen op den Euro ganz héich ze sin. Déi Käschten, déi aus der Aféierung vum Euro resultéieren, kënnen iwwer adäquat Dotatioune linear op een Euro-Provisiounskont étaléiert gin. D'Betriber kënnen och fir ee forfaitäre Regim optéieren, andeem se eng jäärlech forfaitär Dotatioun an der Héicht vun 2% vum Montant vun den administrative «frais généraux» op ee Provisiounskont affektéieren.

Dës Moossname gëlle réckwiirkend fir d'Jor 1996. Dem Stat gin domat ongeféier 2,5 Milliarde Steieren an dräi Jor verluer.

Keen anert Land an Europa gesteet sënge Betriber esou eng wäitreechend Ënnerstëtzung bei der Aféierung vum Euro zou.

Ee lescht Wuert zum Euro: et as de Wonsch vun der Regirung, datt d'Châmber sech virum Antrëtt vu Lëtzebuerg an d'Währungsunioun an enger spezieller Debatt mat dëser epochaler Décisioun befaasst. Dës Décisioun as epochal, well si kann ni méi réckgängeg gemaacht gin. Wann d'Lëtzebuerger hire Frang duerch den Euro ersetzen, wéisste se gär, wat hir gewielte Volleksvertrieder dovun halen.

Ech hun elo vill vum Euro geschwat a gewisen, a wat fir enger Form datt d'Regirung eise Betriber an och de Banken de Wee dohinner vereinfache wëllt.

Selbstverständlech komme mam Euro nei Erausfuerderungen op eis Finanzplaz zou. A ville Rieden a Beiträg hu mer duergeleugt, firwat datt mer mengen, datt d'Finanzplaz Lëtzebuerg hir Plaz un der Euro-Sonn wäerd fannen.

D'Acteure vun der Finanzplaz wëssen, datt d'Spekuléieren op d'Opgoë vu weidere Steiernische keng adäquat Zukunftsstrategie ka sin. Eng Finanzplaz wéi eis muss aus hirem Know-how, hirem Service, hirem Kënnen an hiren originelle Produkter hir Trëmp an hir Argumenter maachen. D'Regirung an d'Châmber hu fir en internationaalt kompetitiivt Ëmfeld ze suergen. De Rescht mussen d'Banke selwer maachen. A si kënnen dat och.

D'Finanzplaz as déi lescht Deg, besonnesch an der Belsch, an d'Schlagzeile geroden. Et waren dat negativ Schlagzeilen, déi der Finanzplaz sollte schueden an déi ee Schied op eist Land geworf hun.

Mat enger Frénésie, déi ech als ongesond wëll astufen, fale verschidde belsch Presseorganer an och vereenzelt belsch Politiker iwwer d'lëtzebuergesch Finanzplaz hier. Eis Plaz gët accuséiert, eng Dréi- an Aangelscheif vum Wäisswäsche vu kriminelle Gelder ze sin.

Dës Beschëllegungen entbiere jidfer Grondlag.

Mam Gesetz vum 5. Abrëll 1993 hu mer een effikasst Instrument géint d'Wäisswäschen ugeholl. Et geet méi wäit wéi déi einschlägeg europäesch Direktiven, et geet méi wäit wéi d'Gesetzer vu munche vun eisen Noperen, et geet méi wäit wéi d'Recommandatioune vum GAFI, dat heescht, där kompetenter Instanz vun der OECD. An hirem leschten Evaluatiounsrapport huet dës Instanz der Regirung, der Justiz an dem Bankesecteur attestéiert, d'Wäisswäsche resolut ze bekämpfen. Och ee Rapport vum US-Kongress hält fest, datt Lëtzebuerg d'Wäisswäschen aggressiv bekämpft.

Mir hun eng Initiativ geholl, déi d'Usiidlung vun den Holding-Gesellschafte méi streng regelt. Anerer an Europa hun dat nach ze maachen.

Mir hun ee Projet de loi abruecht, deen d'Legislatioun iwwer d'Wäisswäsche vun Drogegelder op all Verbriechen ausdeent. Mir gin heimat méi wäit wéi eis Noperen, och méi wäit wéi eis belsch Noperen.

Mir hun ee Gesetzesprojet ënnerwee, fir d'Ofwéckele vu Waffegeschäfter op eiser Finanzplaz ze verbidden. Dir Dammen an Dir Hären. Déi, déi an der Belsch a soss doruechter eis moralesch Lektioune gin, sollen an hire Länner dat selwecht maachen, och wann hir Banken an hir Waffefabrikante sech dergéint wieren. Déi hu sech heiansdo och heiheem dergéint gewiert.

Och bei der internationaler Justizzesummenaarbecht gët esou gemaacht, wéi wa mer eis der Kooperatioun géinge verweigeren. Or, vun 392 Entraide-Demanden, mat denen eis Justiz 1996 befaasst gin as, sin der 344 exekutéiert gin. Déi 48 aner ware felerhaft abruecht gin.

D'Bankgeheimnis, dat mer nët opgi wäerten, kann a kriminellen Affären der lëtzebuergescher Justiz nët opposéiert gin.

Mir hu kee schlecht Gewëssen, well mir hun ee gudden Dossier.

Mir loossen nët zou, datt eist Land systematesch duerch den Dreck gezu gët. Eis Finanzplaz lieft nët vun der Kriminalitéit, nët vum Wäisswäschen an nët vun de Waffegelder. Si as keng éischt Adress fir Steierhannerzéier.

Déi, déi mengen, de lëtzebuergesche Finanzminister an d'lëtzebuergesch Regirung mat dëse Methoden an der europäescher Steierharmoniséierungsdebatt klengzekréien, wäerte sech nach wonneren.

Den Euro kënnt, hun ech gesot, den 1. Januar 1999, a kuurz Zäit duerno gët dat nächst Jorhonnert agelaut.

Wéi geet et virun - elo an dann - mat eisem Land a mat sénge Leit?

Ee Bléck op eis wirtschaftlech Perspektive liwwert eis éischt Äntwerten.

Mir rechne fir 1997 mat engem europäesche Wirtschaftswuesstum vu liicht iwwer 2,5%, géint nëmmen 2% an de Verenegte Staten.

Mir haten heiheem ee Wuesstum vun 3,5% am Jor 1996. Fir 1997 geet de STATEC dervun aus, datt mer ee reale Wuesstum vun nobäi 4% kréien. All Enquêtë weisen, datt d'Bestellungsbicher sech nees fëllen an datt d'Produktiouns- an d'Präiserwaardunge gutt sin. De Bau kënnt nees zou sech, nodeem säin Ëmsaz am leschten Trimester 1996 ëm 20% par rapport zum leschten Trimester 1995 zréckgaange war. Dee klengen Eenzelhandel huet 1996 ee Réckgank vu 5% erlieft. Dat as a bleift besuergniserregend a weist, datt de Privatkonsum liicht nogelooss huet. De Grousshandel, dee 60% vun eisem Kommerz ausmécht, huet mat enger Progressioun vun 1,2% nëmmen eng liicht Expansioun am Jor 1996 kannt. D'Banken haten ee gutt Jor 1996, obschon ee muss gesinn, datt d'Bilanzzomm sech nëmmen ëm 4,4% verbessert huet: dat as dat schlechtest Resultat zanter 1990.

An denen éischte véier Méint vun 1997 as eis Inflatioun op 1,3% zréckgefall, géint 1,7% um Enn vum Jor 1996. Domat leie mer 0,3% ënner dem Duerchschnëttsinflatiounswäert vun eisen Haapthandelspartner. Fir d'ganzt Jor 1997 rechne mer mat enger Inflatioun vun nobäi 1,2%. 1998 allerdings ka se op 1,4 bis 1,5% an d'Luucht goen. Déi nächst Indextranche wäerd esou an de leschten dräi Méint vum Jor 1998 erfalen.

Dat alles weist: eiser Wirtschaft geet et allgemeng gekuckt zefriddestellend gutt, och wann eenzel Secteuren e bësschen an anerer zolidd hippen. Dat zielt besonnesch fir den Handel: d'Regirung léisst op de Wonsch vum Secteur hin d'Méiglechketen ënnersichen, fir séng Kompetitivitéit ze stäärken.

D'Ofséchere voire d'Verbessere vun der Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie as eng permanent Suerg. Mir mussen de Standuert Lëtzebuerg festegen, e wiederfest maache fir déi Stiirm, déi d'Globaliséierung an déi verschäärften international Konkurrenz no sech zéien.

Vum Stat aus gekuckt, as Standuertpolitik ëmmer och Steierpolitik.

D'Regirung hat d'lescht Jor op dëser Plaz een ambitiöse Steierentlaaschtungsprogramm fir d'Betriber ugekënnegt. Déi deemools an d'A gefaasste Moossname sin ouni Ausnam, a wéi d'lescht Jor am Mee geplangt, am Laf vum Dezember 1996 ëmgesat gin: d'Reduktioun vum Kiirperschaftssteiersaz op 32%, d'Ofschafe vun der Gewerbekapitalsteier, d'Aféierung vun engem kommerziellen Abattement fir Eenzelpersounegesellschaften, d'Erofsetze vun der Taxe d'abonnement op verschidden OPCën, déi 10%eg Steierbonifikatioun bei der Astellung vu Chômeuren.

Andeem mer dat gemaacht hun, hu mer de wirtschaftleche Fong vum Land verstäärkt an der Beschäftegungspolitik eng nei Chance gin.

Mir proposéieren der Châmber haut, op deem Wee virunzegoen.

Mir hate virgesinn, d'Kiirperschaftssteier an Etappen, vu 1997 bis 1999, vun 33 op 30% zréckzeféieren. Fir 1998 waren 31 a fir 1999 30% uviséiert gin. Fir eiser Ekonomie méi séier ee weideren Driff ze gin, schloë mer Iech haut vir, de Kiirperschaftssteiersaz 1998 nët op 31%, wéi geplangt, mä direkt an op ee Coup op 30% zréckzehuelen. Dës Décisioun, wann d'Châmber hir Gesetzeskraaft gët, gët eiser Wirtschaft deen Opdriff, dee si elo brauch.

Nodeem mer d'Kiirperschaftssteier op 30% ofgesenkt an d'Gewerbekapitalsteier ofgeschaaft hun, fällt déi nominal Besteierung vun de Bënëfisser vu 40,29% am Jor 1995 op 37,45% am Jor 1998 erof, dat heescht, mir kommen ënner den duerchschnëttlechen Niveau vun der Besteierung an den OECD-Länner.

Mä et bleift, datt eenzel Länner - d'Schwäiz, Holland, Frankräich, England - generell oder sektoriell méi favorabel Steiersätz uwende wéi mir. Dofir hat d'Regirung d'lescht Jor schon ugekënnegt, iwwer komplementar Fiskalmoossnamen nozedenken. Är Finanzkommissioun huet eis ausdrécklech heiranner bestätegt.

Haut wëllt d'Regirung hiirt Engagement vum leschte Jor konkretiséieren. Mir mengen, nodeem mer proposéiert hun, d'Erofsetzung vun der Kiirperschaftssteier op 30% op d'Jor 1998 virzezéien, misst een all weider steierlech Entlaaschtungsmoossname fir d'Betriber méi selektiv a méi cibléiert gestalten.

Vun zousätzleche Steiermoossname sollen nëmmen déi Betriber profitéiere kënnen, déi hir Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg ausbauen. D'Regirung as dervun iwwerzeegt, datt d'Konditioun, fir datt ee Betrib séng Aktivitéiten erweidert, an enger zolitter a gesonder Egemëttelbasis besteet.

Nun as et allerdings esou, datt d'Egemëttele vun de Betriber der Verméigenssteier ënnerleien. Dës Verméigenssteier affektéiert d'Rentabilitéit vun den Egemëttelen, demotivéiert d'Betriber also fir se ze erhéijen oder féiert se oft derzou, se an d'Ausland ze delokaliséieren.

D'Regirung proposéiert Iech nët d'Ofschafung vun der Verméigenssteier, mä d'Neutraliséiere vun hirem anti-ekonomeschen Impakt.

Vun 1998 u sollen d'Betriber déi vun hinne bezuelte Verméigenssteier op d'Kiirperschaftssteier imputéiere kënnen. Anescht ausgedréckt: d'Kiirperschaftssteier gët ëm déi bezuelte Verméigenssteier verklengert. Mä ënner enger Konditioun: fir vun dësem substantielle Steiergewënn kënnen ze profitéieren, muss de Betrib een Deel vu séngem Bënëfiss réinvestéieren, dat heescht, e muss séng Egemëttelen eropsetzen. Méi prezis: vun deem erwirtschaftete Bënëfiss muss een Deel, deen dat Fënneffacht vun där entriichteter Verméigenssteier ausmécht, réinvestéiert gin.

Ee Betrib, deem séng Egemëttelen zum Beispill ee Rendement vun 10% hun, kritt duerch dës Neierung, déi zu engem gespléckten Kiirperschaftssteiersaz op réinvestéierte Bënëfisser féiert, séng Bënëfisser mat 32,45% besteiert, géint 40,29% am Jor 1995. Och dës Moossnam dréit zur Consolidéierung vun eiser Wirtschaftssubstanz bäi. Besser nach: si verbredert eis ekonomesch Substanz.

Dës Moossnam kënnt de Kollektivitéiten zegutt a gët iwwer ee spezielle Mechanismus mat ähnlechen Effekter op déi Betriber ausgedeent, déi nët der Kiirperschaftssteier, mä der Persounesteier ënnerleien. Wéi schon d'lescht Jor, hu mer d'Suerg, och de Mëttelstand an de Genoss vun dene Moossnamen trieden ze loossen, déi fir déi grouss Betriber agefouert gin.

Fir d'Kreditinstituter kënnt derbäi, datt d'Steierverwaltung hir Circulaire vun 1985 iwwer déi forfaitär Provisioun fir den Nët-Recouvrementsrisiko moderniséiere wäerd.

Standuertpolitik as awer méi wéi nëmme Steierpolitik.

Standuertpolitik, dat heescht och Infrastrukturpolitik.

Vun 1996 bis an d'Jor 2000 investéiere mer 28 Milliarden an de Stroossebau, 9 Milliarden an d'Eisebunn an an d'Aviatioun, 17 Milliarden an déi sanitär a sozial Beräicher, 11 Milliarden an de Schoulbau, 6 Milliarden a Sport- an a Kulturprojetën, 9,5 Milliarden an d'Ëmwelt, 13 Milliarden an d'Wirtschaftsstruktur. Dat si gewalteg Beträg, mä et sin onverzichtbar Beträg.

Standuertpolitik, dat heescht och Weiderbildungspolitik.

D'Beruffsausbildung an déi permanent Weiderbildung wuesse lues a lues an eng Bedeitung eran, déi si zu Standuertvirdeler maachen, déi grad esou wichteg si wéi Steieren oder wéi Kotisatiounen. D'Betriber brauche gutt ausgebilte Mataarbechter, si brauchen och Aarbechtskräften, déi sech dauernd weiderbilden. An der Aarbechtswelt vu mar gin nëmmen déi Mataarbechter eens, déi gutt ausgebilt sin an déi sech weiderzebilde wëssen.

Dofir leet d'Beruffsausbildungsministerin, d'Madame Hennicot-Schoepges, Iech nächstens ee Gesetzesprojet iwwer d'Weiderbildung vir, deen all al an nei Froen an deem Zesummenhank soll beäntwerten.

Mä d'Weiderbildung huet een héije Präis. Mir mussen e bezuelen, wa mer wëlle mat denen anere mathalen. Wa mer wëllen denen aneren eng Nues viraus sin, da musse mer do upaken, wou mer nach eleng Meeschter sin. Dat as de Fall bei der Weiderbildung, méi wéi bei de Steieren a bei denen anere Kaderbedingunge vun eiser Wirtschaft.

Eis Betriber investéieren nët genuch an d'Weiderbildung. Während an denen anere Länner am Regelfall 3% vun der Lounmass an d'Weiderbildung investéiert gin, sin dat hei zu Lëtzebuerg nëmmen 1,71%. Dat muss sech änneren, dat muss sech séier änneren. Eis Betriber mussen hire Weiderbildungseffort fatzeg verstäärken, soss feelt et hinne mar u gudden an u motivéierte Mataarbechter.

Fir datt si dat méi liicht kënne maachen, proposéiert d'Regirung een dueblen Hëllefssystem: entweder optéieren d'Betriber fir eng direkt Finanzhëllef, dat heescht, eng Budgetssubventioun, oder fir ee Steierkredit, deen hirer Ustrengung soll Rechnung droen.

Wann d'Betriber, wéi mer et wënschen, 3% vun der Lounmass, also 8,5 Milliarden, an d'Weiderbildung investéieren, as de Stat bereet, sech mat 1,8 Milliarden un de Käschten ze bedelegen. Investéiere se 3,5% vun der Lounmass, klëmmt dem Stat séng Participatioun op 2,6 Milliarden.

Déi Betriber, déi fir eng Steierbonifikatioun optéieren, kréien ee Steierkredit vun 10 bis 15%.

Däerf ech drop opmiirksam maachen, datt an dene Länner, wou d'Betriber haut schon 3% vun der Lounmass an d'Weiderbildung investéieren, de Stat sech dacks iwwerhaapt nët un dene Käschte bedelegt? Mir wëllen dat awer maachen, well mer wëssen, datt d'Chancë vun de Lëtzebuerger um Aarbechtsmaart vital vun hirer Qualifikatioun ofhänken.

Standuertpolitik, dat as och Fuerschungspolitik.

Mir hätten dee leschten 9. Mäerz dat zéngjäregt Bestoë vum Lëtzebuerger Fuerschungsgesetz kënne feieren.

Bei der Geleënheet vum Fuerschungsforum, deen d'Madame Minister Hennicot-Schoepges am Hierscht 1996 lancéiert hat, as däitlech gin, datt mer eis Fuerschungseffore verstäärke mussen.

An der Moyenne investéieren déi öffentlech Hänn an de Länner vun der Europäescher Unioun 0,85% vun hirem Bruttosozialprodukt an d'Fuerschung. Zu Lëtzebuerg sin dat nëmme mor 0,08%. Mir wëllen eisen öffentlechen Investissement an d'Fuerschung bis an d'Jor 2003 op 0,25 bis 0,30% vun eisem Bruttosozialprodukt unhiewen. Dat heescht, datt mer an zing Jor ongeféier 900 Milliounen zu deem Zweck bereetstelle mussen. Dofir schafe mer een nationale Fuerschungsfong, esou wéi d'Châmber dat iwwregens an enger Motioun virun zing Jor verlaangt hat.

Dës Politik kann allerdings nëmmen da Fouss faassen, wa mer valabel an tragfäeg Projetën hun. Geld as nët alles: Iddië si méi wichteg. Mir mussen d'Iddiën an d'Mëttelen do konzentréieren, wou mer staark sin: an de Beräicher Sidérurgie, Audiovisuel, Telekommunikatiounen a Finanzwëssenschaften. Eng esou zilgelenkte Fuerschungspolitik kann och eis Ausbauiwwerleunge fir en drëtten universitären Zyklus nëtzlech alimentéieren.

Dat, Dir Dammen an Dir Hären, sin d'Haaptelementer vun eiser kuurzfristeger Standuertstrategie.

Mir verbesseren d'steierlecht Ëmfeld vun eise Betriber doduerch, dass mer de Kiirperschaftssteiersaz an engem Ruck vun 32 op 30% zréckféieren. Mir neutraliséieren déi onekonomesch Impakter vun der Verméigenssteier fir déi Betriber, déi hir Gewënner réinvestéieren. Mir gräifen de Betriber steierlech ënner d'Äärm bei der Virberedung vun der Aféierung vum Euro. Mir stin de Betriber zur Säit, wann et drëm geet, hir Efforen am Weiderbildungsberäich ze verstäärken. Mir sin do, wann et drëm geet, zesumme mat der Privatwirtschaft eis Fuerschungsustrengungen ze muskléieren.

De Steierpak vum leschte Jor an déi an d'A gefaasste Moossname fir dëst Jor maachen d'lëtzebuergesch Wirtschaft méi staark, sécheren Aarbechtsplazen of, loossen neier entstoen, schafen ee méi frëndlecht Investitiounsklima zu Lëtzebuerg.

Déi Suergfalt, déi mer op d'Verbesserung vun den Aarbechtsbedingunge vun eiser Wirtschaft verwenden, entsprécht letztlech an éischter Plaz där méi breder Responsabilitéit, déi mer fir déi Leit ëmfannen, déi an eiser Wirtschaft schaffen, déi an eisem Land wunnen. Ech wëll dofir och iwwer si, iwwer hir Problemer, iwwer hir Suergen, iwwer hir Méiglechketen an iwwer hir Chancen e puer Sätz soen.

Ee rezenten OECD-Bericht iwwer d'wirtschaftlech Situatioun zu Lëtzebuerg huet fir Opregung gesuergt. Deen iwweraus kriteschen Toun, déi onnuancéiert Zwëschentéin, deen allgemengen Zongeschlag vun deem Rapport hun hei zu Lëtzebuerg iwwerrascht. Si konnten awer nëmmen déi iwwerraschen, déi sech an der Vergaangenheet nët mat den Avisë vun den internationale Wirtschafts- a Finanzorganisatiounen, mat den Aarbechte vun dem OECD-Ministerrot, mat den Aarbechte vun der Bréisseler Kommissioun a leider oft och mat den Aarbechte vum Bréisseler Ministerrot beschäftegt hun.

Den OECD-Bericht stellt en fait der Lëtzebuerger Politik an der Lëtzebuerger Wirtschaft am grousse ganzen eng gutt Zensur aus. Eng wesentlech besser Zensur jidferfalls wéi déi, déi aner Länner kritt hun.

Mä an där Beschreiwung, déi d'OECD iwwer eis Soziallandschaft ofliwwert, fanne mer eis nët erëm.

D'OECD as der Opfaassung, d'Mindestléin zu Lëtzebuerg wiren esou héich, datt se sech negativ op d'Beschäftegung géifen auswiirken. Si proposéiert dofir, d'Mindestléin ze kiirzen a speziell Agangstariffer fir déi Leit festzeleën, déi eng Aarbecht sichen. Déi Paräiser Expäre stin um Standpunkt, eist Aarbechtsrecht wir ze rigid a géif d'Betriber dovun ofhalen, anzestellen. Si féieren d'Uklamme vun der Aarbechtslosegkeet zu Lëtzebuerg op dësen Ëmstand zréck. Si proposéieren dofir, dee rigide Kostüm vum zäitlech onbefristeten Aarbechtsvertrag op d'Säit ze leën an dee méi enke Kostüm vum Zäitaarbechtsvertrag unzedin. D'OECD mengt, eis Regelung vun der Deelzäitaarbecht géif de Betriber ze vill enk Grenze setzen. Si as der Menung, déi automatesch Indexéierung vun de Léin a vun de Gehälter géif eiser Ekonomie exorbitant Chargen operleën an hir Kompetitivitéit nohalteg stéieren.

Dës Iwwerleunge sin nët nei. Déi Recommandatiounen, déi d'OECD mécht, kommen engem bekannt vir. Mir kenne se aus villen internationalen Diskussiounen, un dene mer mussen deelhuelen. Mir fanne se awer och erëm an de Fuerderungskataloge vu representative Patronaatsorganisatiounen zu Lëtzebuerg.

Ech wëll hei widderhuelen, wat ech schon dacks gesot hun: d'Prekariséierung vun de Beschäftegungsverhältnisser, d'Zerschloë vum Aarbechtsrecht, déi wëll Dereguléierung, déi frenetesch Flexibiliséierung, kuurz, den Ofbau vum Sozialstat as keen Auswee aus der europäescher Beschäftegungskris. D'Leit, déi schaffen, hu Recht op een anstännege Loun. Si hu Recht op ee garantéierten Aarbechtsvertrag, dee se laangfristeg ofséchert an hinnen d'Liewensperspektiven nët verspäärt. Si hu Recht op eng Pai, déi der Deierécht ugepasst gët.

D'Konkurrenzfäegkeet vun enger Wirtschaft erhält een nët doduerch, datt een d'Loun- a Beschäftegungsverhältnisser fragiliséiert. D'Kompetitivitéit vun enger Ekonomie kann een nët eesäiteg géint d'Interesse vun dene Leit, déi an hir schaffen, sécherstellen. D'Kompetitivitéit vun enger Ekonomie erhält een duerch eng permanent Verbesserung an Upassung vun de Standuertbedingungen. Et as fir dëse Wee, wou d'Regirung sech entscheet huet. An dofir geet se och nët op dee Wee, deen d'OECD virgezeechent huet. Mir si fir de sozialen Ëmbau do, wou en néideg as. Mir si géint den eesäitege sozialen Ofbau, deen aus ideologeschen an aus prinzipielle Grënn soll duerchgezu gin. Hie léist keng Problemer, e schaaft jhust neier. Mir sin hei nët an England, mir sin hei nët an Amerika, mir sin hei nët an Asien. Mir sin hei zu Lëtzebuerg. Mir hun eis sozial Modeller, déi eisem Land gutt zu Gesiicht stin. Mir hun eis Iwwerzegungen a mir verlaangen nët, datt jidferee se deelt. Mir hun eis Gewunnechten a mir verlaangen nët, datt déi aner se iwwerhuelen.

E bësschen iwwerrascht war ech awer iwwer déi begeeschtert Zoustëmmung, déi den OECD-Bericht bei eenzelne Patronaatsorganisatioune fond huet. Am Ufank hat ech gemengt, d'Patronaatsorganisatioune wire frou driwwer, dass déi lëtzebuergesch Wirtschafts- a

Finanzpolitik esou eng gutt Note kritt huet. Wäit gefeelt: déi lëtzebuergesch Patronën hu sech déi Recommandatiounen, déi si regelméisseg un d'Regirung erundroen, an déi vun der OECD iwwerholl gi sin, regelrecht op der Zong zergoë gelooss. Anstatt mat verléiften Aën op Paräis ze kucken, wir et besser, déi offiziell Vertrieder vum Patronat gëife sech emol mat dene kritesche Bemiirkunge beschäftegen, déi d'OECD un hir Adress formuléiert huet. Dee kriteschen Hiwäis vun der OECD op dat zevill massiivt Uklamme vun der Préretraite a vun der Invaliditéit zu Lëtzebuerg trëfft virun allem d'Patronat. Et si jo dacks d'Betriber, déi hir Effektiver doduerch ofzebaue versichen, datt se d'Leit an d'Préretraite schécken oder hinnen noleën, an d'Invalidepensioun ze goen. Et si jo d'Betriber, déi sech quasi konstant weigeren, Leit iwwer 50 Jor eng nei Chance um Aarbechtsmaart ze gin. Da brauch ee sech och nët ze wonneren, wann d'Leit iwwer 50 Jor probéieren, d'Betriber esou séier wéi méiglech ze verloossen. D'Regirung wäerd sech intensiv mat den Observatioune vun der OECD iwwer déi invaliditéitsbedingte Pensionéierunge beschäftegen.

D'Erörterung vum OECD-Bericht iwwer déi wirtschaftlech an déi sozial Situatioun hei zu Lëtzebuerg bréngt mech derzou, mech mat der Lag op eisem Aarbechtsmaart ze beschäftegen.

Et kann een et dréinen a kéieren, wéi een et wëllt: trotz alle Moossnamen, trotz allen Ustrengungen, trotz alle Beméiungen, trotz alle gudde Rotschléi, déi vun der Regirung, vum Stat a vun de Sozialpartner ënnerholl a gemaacht gi sin, as d'Aarbechtslosegkeet zu Lëtzebuerg 1996 schaarf ugeklommen. Sécher, am leschte Mount as se ëm 6% zréckgaangen. Dat as awer keng Ursaach, fir Entwarnung ze gin, well an e puer Méint geet se erëm erop.

Et as an dene leschte Méint vill iwwer d'Situatioun op eisem Aarbechtsmaart gesot a geschriwwe gin. Et si wéineg Virschléi gemaacht gin, wéi ee kënnt méi wiirksam a besser géint d'Aarbechtslosegkeet zu Lëtzebuerg virgoen.

Scholdzouweisungen hëllefen eis nët virun a Polemiséiere bréngt kee weider. Scholdzouweisungen a Polemik schafe keng Aarbechtsplazen, si hëllefen och kengem, eng Aarbecht ze fannen.

Haaptverantwortlech fir den Aarbechtsmaart as den Aarbechtsminister. Doriwwer si sech all Commentateuren eens. Et huet kee Wäert, dës Fro drop ze ënnersichen, ob dat och esou as. Well, och wann ech haut an hei géif beweisen, et wär nët esou, géif dat näischt drun änneren, datt d'Haaptverantwortung beim Aarbechtsminister géif leie bleiwen.

Wéi gesäit de Bilan op eisem Aarbechtsmaart aus?

Mir hun an Europa a wäit iwwer Europa eraus déi niddregsten Aarbechtslosegkeet. 40% vun den Aarbechtslose si manner laang wéi dräi Méint um Arbeitsamt ageschriwwen. Zwee Drëttel vun den Aarbechtslose si manner laang wéi sechs Méint ouni Aarbecht.

D'Placéiere vu jhust engem Drëttel vun den Aarbechtslose stellt e reelle Problem.

Mir hun am zréckleiende Jor eis Beméiunge verstäärkt, aktiv beschäftegungspolitesch Moossname mat den Demandeurs d'emploi a mat de Bénéficiairë vum RMG a mat de Chômeuren duerchzezéien.

Mir hun d'Hëllefe verduebelt fir déi Gemengen, déi jonk Aarbechtsloser astellen.

D'Arbeitsamt an de Beruffsausbildungsservice vum Edukatiounsministère hun eng Hellewull vu komplementare Formatiounen an denen zréckleiende Méint ugebueden.

D'Arbeitsamt huet eng Informatiouns- a Sensibiliséierungscampagne duerchgefouert, fir d'Betriber derzou ze bréngen, hir offe Plazen um Arbeitsamt ze mellen. D'Zuel vun de gemelltene Plazen as och 1996 an d'Luucht gaangen.

A ville Sitzungen hun d'Vertrieder vum Arbeitsamt an ech selwer déi Verantwortlech vun dene grousse Industriebetriber op d'Noutwendegkeet opmiirksam gemaacht, bei der Astellung vun neie Leit de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart nët ze vergiessen.

Mir hun zesumme mat de Membere vum stännege Beschäftegungskomitee eng breet Informatiouns- an Explikatiounscampagne - déi ëmmer gefrot gin as - lancéiert. Dës Campagne leeft ënner dem Motto «un emploi pour chacun, une nécessité pour tous». Si huet uganks Mäerz vun dësem Jor ugefaangen an dauert bis un d'Enn vum Jor 1997. Mir hu fënnëf Broschüre gedréckt, fir d'Arbeitsamt méi bekannt ze maachen, fir d'Moossname vun der Beschäftegungspolitik ze présentéieren. Mir publizéieren Annoncen an der geschriwwener Dagespress. Mir hu Sensibiliséierungsaffichen un déi öffentlech Verwaltungen an un d'Gemengen ausgedeelt. Mir diffuséiere Spotën um Radio, op der Televisioun an am Kino.

Mir hu Placeure vum Arbeitsamt op temporär Stagen an d'Personalbüroë vun de grousse Betriber geschéckt, mir hu Verantwortlecher vun de Personalbüroën aus de grousse Betriber vorübergehend um Arbeitsamt beschäftegt, fir datt déi eng vun denen anere solle léieren.

Mir hun de Service «Placement» vum Arbeitsamt mat Leit verstäärkt, déi aus dem Privatsecteur kommen.

Mir hun déi regional Agencë vum Arbeitsamt personalméisseg verstäärkt.

Mir hun den Informatiksystem vum Arbeitsamt moderniséiert, de psychosozialen Encadrement vun de Chômeuren, besonnesch vun de Laangzäitchômeuren, staark verbessert.

D'Formatioun vun de Placeuren as intensivéiert gin.

D'gebailech Infrastrukture vum Arbeitsamt présentéiere sech haut wesentlech besser wéi nach virun engem Jor.

Mir hun d'Arbeitsamt engem internen an engem externen Audit ënnerworf an am stännege Beschäftegungskomitee d'Konklusiounen doraus gezun. D'Arbeitsamt gët nët privatiséiert, mä am Kader vum «service public» opgerëscht.

De stännege Beschäftegungskomitee huet sech am Jor 1996 fënnefmol, am Jor 1997 bis haut dräimol zesummegesat, fir d'Situatioun um Aarbechtsmaart ze kucken.

Mir hun am Jor 1996 an an denen éischte Méint vum Jor 1997 an enker Zesummenaarbecht mat dene verschiddensten Entreprisë sougenannt Informatiounsatelierë fir Chômeuren organiséiert. 1996 hun der eleng 23 stattfond.

Am Januar 1997 hu mer véier grouss Placementsaktioune virgeholl. 347 Chômeuren an Demandeurs d'emploi sin ugesprach gin. 265 hu sech présentéiert, 82 hu gefeelt.

Am Mount Februar hu mer, am Kader vu weidere Placementsaktiounen, 113 Chômeuren an «Demandeurs d'emploi» assignéiert. 90 sin der komm. 23 hun der gefeelt.

Am Mount Mäerz vun dësem Joer hu mer 305 Demandeurs d'emploi a Chômeuren am Kader vu weidere Placementsaktiounen assignéiert. 227 sin der komm. 78 hun der beim Appell gefeelt.

Bei dene gréissere Placementsaktiounen, déi mer am Januar, am Februar an am Mäerz duerchgefouert hun, as ronn ee Véierel vun denen, déi keng Aarbecht hun a soen, si géifen eng Aarbecht sichen, nët ugetratt. Ech hun dat schon oft gesot am stännege Beschäftegungskomitee a villen Entrevuën. Ech hu bis haut nach keng Äntwert drop kritt, wat fir eng Schlussfolgerung een dann doraus soll zéien. Ech hoffen, dass mer se d'nächst Woch hei an der Châmber kréien!

Jidferee mécht Feler. Nët nëmmen den Aarbechtsminister. Iwwerall gët et Mängel. Nët nëmmen um Arbeitsamt an um Aarbechtsministère.

Mir haten d'lescht Jor am Summer eng beschäftegungspolitesch Debatt hei am Parlament. D'Regirung schléit Iech vir, och an dësem Jor Iech am Kader vun enger Aktualitéitsdebatt mat der Situatioun um Aarbechtsmaart ze beschäftegen. Ech hannerleën Iech haut een éischte Rapport a Virberedung op déi Debatt. Ech hale mech prett, fir an der Sozialkommissioun vun der Châmber zu dësem Rapport an zu aneren Iwwerleunge Stellung ze bezéien. Ech sin der Menung, mir sollten heibannen an dësem Summer iwwer d'lëtzebuergesch Beschäftegungspolitik erëm eng Kéier zesummen debattéieren. All Virschlag, dee kuurzfristeg zur Besserung um Aarbechtsmaart bäidréit, gët vun der Regirung iwwerholl. All Virschlag, deen direkt zu enger Ofsenkung vun der Aarbechtslosegkeet féiert, gët direkt vun der Regirung iwwerholl. Mir sollten eis bei der Geleënheet vun dëser Debatt och driwwer ënnerhalen, wat mer kënne maachen, fir eis Aarbechtszäitorganisatioun besser un d'Ëmstänn vun haut unzepassen. Ech hoffen, datt déi Gespréicher, déi d'Sozialpartner ënnerenee féieren zu dësem Themekrees, virum Enn vum Jor een négociéiert Resultat bréngen. Sollt dat nët de Fall sin, behält d'Regirung sech d'Recht vir, eng egen Initiativ an deem Beräich ze huelen.

Dat wat d'Regirung ka maachen, fir méi Beschäftegung an deem Beräich erbäizeféieren, wou se selwer an eleng zoustänneg as, dat heescht, beim Stat, wäerd se dat maachen. D'Fraëministesch, d'Madame Jacobs, an de Minister vun der öffentlecher Fonktioun, den Här Wolter, si chargéiert, d'Méiglechketen, fir d'Deelzäitaarbecht am Staatsdingscht ze verbesseren, ze studéieren. Zu deem Zweck as ee Questionnaire un all öffentlech Bedingschtet verschéckt gin.

Dat wat d'Regirung ka maachen, fir denen ze hëllefen, déi besonnesch brutal ënner der Verschlechterung op eisem Aarbechtsmaart leiden, wäerd se maachen. Dat gëlt besonnesch fir déi Arbeitnehmer, déi am Kader vun enger Faillite entlooss gin. Den Aarbechtsminister huet d'Instruktioun gin, hinnen iwwer de Wee vun Avancen hir Indemnitéite méi séier auszebezuelen.

Ech hoffen, datt mer zu dësem an zu aneren Elementer interessant Gespréicher am Summer heibanne kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Mir hun op den 1. Januar 1991 eng grouss Steierreform a Kraaft gesat. Si huet d'Besteierung vun de Privatpersoune méi gerecht gemaacht, huet der Leeschtungsfäegkeet besser Rechnung gedroen an d'Steierbelaaschtung generell no ënne gedréckt.

Dës Steierreform, déi jo deelweis staark ëmstridde war, wéi all Mënsch sech kann erënneren, hat ee positiven Afloss op eise Wirtschaftswuesstum, grad an deem Moment, wou mer eis mat enger ausgepräägter konjonktureller Verflaachung erëmgeplot hun.

Siwe Jor duerno as de Moment komm, fir eng nei Tarifännerung virzehuelen. Ech schwätze bewosst vun enger Tarifännerung, well d'Regirung proposéiert Iech haut een neien Tarif. Aner, méi kleng aussertariflech Ännerunge schloë mer am Hierscht vir. Da proposéiere mir och eng staark Erhéijung vun deem Abattement, deen ee fir Haushaltspersonal kritt. An dësem Beräich kënnen nei Aarbechtsplazen entstoen. Et as dëser Deg zu Recht vum Här Grethen ervirgehuewe gin.

Mir streide mat kengem driwwer, ob dat, wat mer haut proposéieren, eng echt Steierreform, een einfache Steierpak oder ee Steierpak mat echte Reformelementer as. Ech mengen, et wir dat lescht. Mä jidferee soll sech séng Menung doriwwer selwer bilden.

Zanter Jore gët elo schon no Steiererliichterunge geruff. Nët ganz zu Onrecht: d'Steierlaascht as déi lescht Jore real geklommen, well mer de Barème nët regelméisseg un d'Inflatioun ugepasst hun.

Et gët Parteien a Gewerkschaften, déi hun déi Upassung Jor fir Jor verlaangt. Anerer hu se nëmmen heiansdo gefuerdert. Keen huet verlaangt, d'Steieren diirften nët erofgesat gin, a keen huet gesot, si missten erhéicht gin.

Eenzelner hun allerdings der berechtegter Suerg Ausdrock gin, duerch déi d'lescht Jor hei annoncéiert Steierreduktiounen diirft d'Finanzkapassitéit vum Stat nët beschiedegt gin. Keng Angscht! Och de Finanzminister an de Budgetsminister hun déi Suerg. Ee Finanzminister proposéiert d'Steiererliichterungen ni mat liichtem Häerz. E proposéiert dat, wat noutwendeg as, nët méi an och nët manner.

Fir datt ee Stat ka gutt funktionéieren, hieft e Steieren op an e bedingt domat déi verschiddenst Politikberäicher. Mä de Stat fonktionnéiert schlecht, wann e sénge Biirger zevill héich Steiere freet. Dat as de Stoff, aus deem ee Steierpolitik mécht: esou héich Steiere wéi néideg, an nët esou vill Steiere wéi méiglech.

Ech weess: um Enn vum Lidd mengen déi eng, et wir méi oder manner néideg an et wir méi oder manner méiglech gewiescht. Dat wäerd ëmmer esou sin. Ee Finanzminister muss mat där duebler, wann och widdersprëchlecher Kritik ze liewe verstoen.

1992, 1994 an 1995 hu mer den Tarif un déi jeweilech Inflatioun ugepasst.

1993, 1996 an 1997 hu mer déi Tarifadaptatioun ënnerlooss. Hätte mer se gemaacht, hätte mer ee Steierausfall vu 5,6 Milliarde verzeechent.

Mir hu se nët gemaacht, well mer duerch d'Integratioun vun den Inflatiounseffekter nëmmen onscheinbar Tarifofsenkunge realiséiert hätten. Déi steierfräi Minimaën hätte kaum bougéiert.

Elo hu mer méi Sputt, fir méi breet Tarifadaptatioune mat streckeweis reellem Reformcharakter kënnen duerchzeféieren.

Mir proposéieren Iech eng Tarifreform, déi eng Steierentlaaschtung vu 7 Milliarde bréngt, 1,4 Milliarde méi wéi dat, wat «geschéit» as, wéi verschiddener sech am Virfeld vun déser Debatt ausgedréckt hun.

Vun dene 7 Milliarden entfalen der am Budgetsjor 1995 genau 5.

Mir hun eis bei där Tarifreform, déi mer Iech virschloen, vun e puer allgemengen, méi breden Iwwerleunge lede gelooss, déi wirtschaftlech, akommespolitesch a sozialpolitesch Sënn maachen.

Deen neien Tarif muss an eis aarbechtsmaartpolitesch Landschaft passen. Déi méi niddreg Léin solle steierlech entlaascht gin, fir datt déi, déi keng Aarbecht hun, méi liicht eng Aarbecht fannen, besonnesch déi Onqualifizéiert ënner hinnen.

Deen neien Tarif soll leeschtungsfrëndlech sin. Déi Leit, déi méi verdingen an dofir méi Steiere bezuele, däerfen d'Loscht un der Aarbecht an d'Loscht un der Leeschtung nët verléieren. Ee leeschtungsfrëndlechen Tarif as een Element vun enger gutt duerchduechtener Standuertpolitik.

Deen neien Tarif soll familjen- a kannerfrëndlech sin. Familje mat Kanner hu méi Laaschte wéi Familjen ouni Kanner. De Steiertarif muss deem Rechnung droen. De Steiertarif an d'Gesamtpolitik mussen deem Rechnung droen.

Deen neien Tarif soll sozial gerecht sin. Déi, déi wéineg verdingen, solle wéineg Steiere bezuelen. Déi, déi méi verdingen, solle progressiv, lues a lues méi Steieren entriichten.

Deen neien Tarif soll eng Netto-Entlaaschtung fir all Steierzueler bréngen. D'Finanzéierung vun der Flegeversécherung däerf fir kee Steierzueler zu enger Méibelaaschtung féieren.

Et as nët méiglech, am Kader vun déser Erklärung op all Detail vun där envisagéierter Tarifreform anzegoen. D'Regirung deposéiert d'nächst Woch ee Projet de loi, deen déi geplangten Tarifreform emsëtze soll. Et as eise Wonsch, datt d'Châmber dee Projet de loi nach am Laf vum Mount Juli stëmmt. Dann hu mer Geleeënheet, iwwer all Elementer vun déser Tarifreform ze diskutéieren. Et verspriecht eng interessant Debatt ze gin. D'Demokratesch Partei huet virgëschter hir Propositiounen dozou gemaacht. Nët alles, wat d'Demokratesch Partei proposéiert, kann ee maachen. Villes huet se awer richteg erkannt. Mir mussen hir Propositioune mat eise vergläichen an dann déi richteg Schlussfolgerungen zéien.

Déi nei Tarifstruktur, sou wéi d'Regirung se gesäit, enthält folgend Kärelementer:

1. Mir wëllen déi niddreg Akommes a virun allem déi niddreg Gehälter steierlech staark entlaaschten.

Dofir erhéije mer de steierfräie Minimum vun 243.600 op 270.000 Frang am Basistarif. Dat as eng Erhéijung vu 26.400 Frang oder vun 10,84% am Vergläich zum Tarif vun haut. Doduerch datt mer den Existenzminimum awer steierfräi gestalten, as een Akommes bis zu 361.000 Frang an der Steierklass I vum Jonggesell steierfräi. Dat huet zur Konsequenz, datt an der Steierklass IA an an der Steierklass II all besteierbaart Akommes bis zu enger Héicht vu 641.000 Frang steierfräi bleift.

Wann een dat steierfräit Akommes vun 243.600 Frang am aktuellen Tarif vergläicht mat deem steierfräien Akommes, wat duerch d'Nëtbesteierung vum Existenzminimum zustane kënnt, stellt ee fest, datt dat effektiivt steierfräit Akommes vun 243.600 op 360.000 Frang ukiëmmt. Dat as eng Erhéijung vun 116.400 Frang oder vu 47,78% par rapport zu haut.

An der Steierklass IA an an der Steierklass II klëmmt den Niveau vun de steierfräien Akommes ëm 152.800 Frang oder ëm 31,36%, fir een Niveau vu 640.000 Frang ze erreechen.

Fir ze verhënneren, datt een Akommes, wat jhust iwwer 360.000 Frang an der Steierklass I oder jhust iwwer 640.000 Frang an de Steierklassen IA an II läit an domat mam normale Basistarifsteiersaz besteiert gët, excessiv Formen unhëlt, gët proposéiert, keng Steier opzehiewen, wann d'Ophiewe vun där Steier zur Folleg hätt, datt de Revenu no Steieren ënner 360.000 Frang an der Steierklass I oder ënner 640.000 Frang an de Steierklassen IA an II géif falen.

2. Den neie Steiertarif soll och leeschtungsfrëndlech sin.

Dofir féiere mer den Agangssteiersaz vun 10 op 6% zréck. Déi méi niddreg Akommes a Gehälter gin also vun Ufank u wesentlech méi niddreg besteiert. D'Reduktioun vum Agangssteiersaz vun 10 op 6% entsprécht enger Baisse vu 40%.

Déi éischt Tranche vum Tarif gët op enger Breet vu 84.000 Frang mat deem neien Agangssteiersaz vu 6% besteiert. Déi Akommestranchen duerno hun eng gläich Breet vun 69.000 Frang. De marginale Steiersaz gët fir all Tranche linear 4% gesenkt. D'Akommestranchë behalen eng Breet vun 69.000 Frang bis zu enger virleschter Tranche, déi mat 44% besteiert gët an déi sech vun 1.320.000 Frang bis zu 2.640.000 Frang an der Steierklass I vum Jonggesell erstreckt. Vun 2.640.000 Frang un applizéiert sech an der Steierklass I vum Jonggesell eng Steier vu 46%. Dat heescht, déi lescht Tranche as ëm ee Villfacht méi breet wéi déi Tranchë virdrun

Mir hun haut ee Spëtzesteiersaz vu 50%, dee sech an der Steierklass I vum Jonggesell ab engem besteierbaren Akommes vun 1.388.400 Frang uwent. Mir hun an Zukunft ee Spëtzesteiersaz vu 46%, dee sech an der Steierklass I vum Jonggesell ab engem Niveau vun 2.640.000 Frang applizéiert, also 100% méi spéit.

Op d'Steierklass II, d'Steierklass vun dene bestuetene Leit iwwerdroen, ergët dat folgend Bild: an der Steierklass II hu mer haut ee Spëtzesteiersaz vu 50% ab 2.776.000 Frang besteierbaart Akommes. An Zukunft applizéiert deen neie Spëtzesteiersaz vu 46% sech eréischt ab engem besteierbaren Akommes vu 5.280.000 Frang.

Dësem Spëtzesteiersaz vu 46% ënnerleie 5.500 Steierzueler. Déi iwweraus grouss Majoritéit awer vun de Steierzueler bezillt maximal 44% Steieren op all Frang, dee si méi verdingen.

3. Mir wëllen ee familjen- a kannerfrëndlechen Tarif.

Mir proposéieren dofir, d'Kannergeld ëm 12.000 Frang pro Kand unzehiewen. Domat kommen och déi Familje mat Kanner, déi keng Steiere bezuelen, an de Genoss vun enger Verbesserung vun hirem Netto-Akommes.

Mir féieren de steierleche Kannerfräibetrag vun haut maximal 60.000 Frang op 48.000 Frang zréck. Déi Familjen, fir déi de Kannerfräibetrag vu 60.000 op 48.000 Frang zréckgeet, kréien déi 12.000 Frang, déi se duerch dës Reduktioun als Steiergewënn verléieren, kompenséiert duerch déi paralell Erhéijung vum Kannergeld ëm 12.000 Frang.

Déi Kannermoderatioun vun 48.000 Frang - an dat as eng grouss Neierung, déi de kannerfrëndleche Charakter vun dësem Tarif ënnersträicht - soll an Zukunft uniform applizéiert gin. Sou bezuelen an Zukunft d'Steierzueler aus de Steierklassen IA an II mat Kanner am Stot déi selwecht Steier wéi d'Steierzueler aus de Steierklassen IA an II ouni Kanner am Stot minus eng Moderatioun vun 48.000 Frang pro Kand. Dat besteierbaart Mindestakommes gët deementspriechend an d'Luucht gesat.

Zwee Beispiller vläicht, fir dat méi verständlech ze maachen.

Bei engem besteierbaren Akommes vun 1 Millioun erfällt an der Steierklass II vun de bestuetene Leit ouni Kanner eng Steier vu 60.200 Frang. An der Steierklass II1, der Steierklass vu bestuetene Leit mat engem Kand am Stot, entfält dann op Grond vun dësem neie Prinzip eng Steier vun nëmmen 12.200 Frang.

Dës Steier vun 12.200 Frang ergët sech doduerch, datt ee vun der Steier, déi déi bestuete Leit ouni Kanner bezuelen, nämlech 60.200 Frang, 48.000 Frang Steiermoderatioun fir dat eent Kand am Stot ofzitt. Konsequenterweis erfällt bei engem besteierbaren Akommes vun 1 Millioun keng Steier méi, wann zwee Kanner am Stot sin.

Bei engem besteierbaren Akommes vun annerhalwer Millioun bezuele bestuete Leit ouni Kanner an der Steierklass II 174.600 Frang Steieren. Hun déi bestuete Leit bei deem selwechte besteierbaren Akommes vun annerhalwer Millioun ee Kand am Stot, entfällt nach jhust eng Steier vun 126.600 Frang. Si ergët sech aus dem Ofzéie vun der steierlecher Moderatioun vun 48.000 Frang vun där Steier vun 174.600 Frang, déi déi bestuete Leit ouni Kanner bezuelen. Bei deem selwechte besteierbaren Akommes vun annerhalwer Millioun, an am Fall, wou zwee Kanner am Stot liewen, erfällt eng Steier vun 78.600 Frang. Si ergët sech aus dem zweefachen Ofzéie vun der Kannermoderatioun vun 48.000 Frang vun der Steier vun 174.600 Frang, déi bestuete Leit ouni Kanner bezuelen. Am Fall, wou dräi Kanner am Stot sin, bedréit déi Steier erëm eng Kéier 48.000 Frang manner, nämlech 30.600 Frang. Am Fall, wou véier Kanner am Stot sin, fällt dës Steier konsequenterweis op Null.

Dat heiten as eng ganz wichteg Neierung. Et as eng kannerfrëndlech Neierung. Et as eng steierlech Begënschtegung vun de Leit mat Kanner.

Et kënnt derbäi, datt déi Leit, déi an de Genoss vun dëser Neierung kommen, gläichzäiteg an de Genoss vun der Erhéijung vum Kannergeld ëm 12.000 Frang trieden.

Ech wëll haut hei och schons ukënnegen, datt den 1. Januar 1999 d'Kannergeld eng weider Kéier em 12.000 erhéicht soll gin. D'Steierbonifikatioun fällt da vun 48.000 op 36.000 Frang zréck.

Den 1. Januar 1999 läit domat d'Kannergeld 24.000 Frang méi héich wéi et haut läit.

Dës Tarifpropositioun huet erhieflech Auswierkungen op d'Festleë vum steierfräien Akommes. Kucke mer eis fir d'éischt emol d'Akommessteier un.

Dat steierfräit Akommes an der Steierklass I vum Jonggesell klëmmt vun 247.000 op 361.000 Frang. Dat as eng Erhéijung vun 114.000 Frang oder vu 46,2 Prozent.

Dat steierfräit Akommes an der Steierklass IA klëmmt vu 490.000 op 641.000 Frang. Dat as eng Erhéijung vun 151.000 Frang oder vun 30,8 Prozent.

Dat steierfräit Akommes an der Steierklass IA1 klëmmt vu 734.000 op 795.000 Frang. Dat as eng Erhéijung vun 61.000 Frang oder vun 8,3 Prozent.

Dat steierfräit Akommes an der Steierklass II klëmmt vu 491.000 op 641.000 Frang. Dat as eng Erhéijung vun 150.000 Frang, plus 30,5 Prozent.

Dat steierfräit Akommes an der Steierklass II1 klëmmt vu 734.000 op 936.000 Frang. Dat as eng Erhéijung vun 202.000 Frang oder vu 27,5 Prozent.

Kucke mer eis dat selwecht elo emol bei der Lounsteier un. Dat war jo schon deelweis ze liesen!

An der Steierklass I, an der Steierklass vum Jonggesell also, klëmmt dat steierfräit Akommes vun 326.000 op 439.000 Frang. Dat as eng Erhéijung vun 113.000 Frang oder vu 34,7 Prozent.

An der Steierklass IA klëmmt dat steierfräit Akommes vu 569.000 op 720.000 Frang. Dat as eng Erhéijung vun 151.000 Frang oder vu 26,5 Prozent.

An der Steierklass IA1 klëmmt dat steierfräit Akommes vun 812.000 op 874.000 Frang, eng Erhéijung vun 62.000 Frang, vu 7,6 Prozent.

An der Steierklass II klëmmt dat steierfräit Akommes vu 569.000 op 720.000 Frang. Erhéijung: 151.000 Frang, 26,5 Prozent.

An der Steierklass II1 klëmmt dat steierfräit Akommes vun 813.000 op 1.015.000 Frang. Erhéijung: 202.000 Frang, 24,8 Prozent.

Ech muss op dëser Plaz widderhuelen, datt déi Leit, déi keng Steiere bezuelen an déi theoretesch duerch d'Aféierung vun der Flegeversécherung abgabeméisseg netto méi belaascht géife gin duerch d'Tatsaach, datt d'Contribution sociale généralisée bei dene Leit, déi keng Steiere bezuelen, nët opgehuewe gët, effektiv duerch déi Gesamtoperatioun - Steierreduktiounen an Aféierung vun der Flegeversécherung - nët méi belaascht gin. Alleguer déi aner gin duerch d'Kombinatioun vun denen zwee manner belaascht wéi bis elo.

Elo géif ech Iech och nach gäre virliesen, wéi dat sech beim onqualifizéierte Mindestloun verhält, mä dat konnt Der jo scho liesen. Ech soen also merci fir déi Minutt, déi ech doduerch gewannen.

Dës Reform gefällt eenzelnen esou gutt, datt se et nët konnten erwaarden, fir se a gedrécktener Form an eenzelnen Zeitungen erëmzegin.

Mir kréien an denen nächste Wochen a Méint nach dacks Geleeënheet, mat alle méigleche Beispiller ze weisen, datt dës Steierreduktioun alle Steierzueler eng Netto-Entlaaschtung bréngt. A mir kënne bei där Debatt beweisen, datt dës Reform leeschtungsfrëndlech, sozial gerecht, familjen- a kannerfrëndlech as.

Mir kënnen och weisen a beweisen, datt dës Tarifadaptatioun sech am internationale Verglach ganz gënschteg ugesäit.

Dat steierfräit Mindestakommes klëmmt zu Lëtzebuerg den 1. Januar vun 243.600 Frang op 360.000 Frang. An Däitschland bedréit dat steierfräit Akommes 266.500 Frang, a Frankräich 140.200 Frang.

Den Agangssteiersaz gët den nächsten 1. Januar vun 10 op 6 Prozent zréckgefouert. An Däitschland besteet haut een Agangssteiersaz vu 25,9 Prozent. An d'Gewerkschafte feiere grouss Fester, datt en op 15 Prozent soll ofgesenkt

gin. Bei eis geet en op 6 erof! An der Belsch läit den Agangssteiersaz bei 25 Prozent, a Frankräich bei 12 Prozent.

Och déi nei Spëtzesätz vu 44, respektiv 46 Prozent loossen eis am internationale Vergläich wesentlech méi konkurrenzfäeg erschénge wéi haut.

Aus all dene Grënn froë mir d'Zoustëmmung vun der Châmber zu dëser Tarifpropositioun. Mir wire frou, wa mir se virun der Summervakanz géife kréien.

Dës Tarifpropositioun dréit d'Handschrëft vun denen zwou Regirungsparteien. Mir hu se ënnertenee beschwat, an ech hu se och mat all dene beschwat, déi de Wonsch geäussert haten, mam Finanzminister iwwer d'Steiererliichterungen ze schwätzen. All Ännerungspropositiounen, déi kommen, gin ouni Préjugé vun der Regirung examinéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hun elo vill a laang iwwert d'Steiere geschwat, déi mer am Kader vun dëser Tarifreform wëllen noloossen.

Ech géif awer och emol gär iwwer déi Steiere schwätzen, déi mer gären hätten an déi mer nët kréien. Déi Steiere kréie mer nët, well déi Steierzueler, déi se misste bezuelen, se nët hirgin, well se hirer Steierschold nët wëllen nokommen. Si maachen dat, wat mer Steierhannerzéiung nennen.

Ech hat d'lescht Jor den deemolegen Deputéierten an heitege Fraktiounspresident vun der LSAP, den Här Jeannot Krecké, gefrot, ee Rapport iwwert d'Fraude fiscale ze maachen. Den Här Krecké huet mer dee Rapport entre-temps iwwerreecht. Hien huet eng séier excellent Aarbecht gemaacht, an ech wëll him dofir och vun dëser Plaz aus nach eng Kéier merci soen.

De Rapport Krecké enthält eng Helleboutsch vu Feststellungen a vu Recommandatiounen. D'Regirung as amgaang, dës opmierksam ze analyséieren an ze studéieren. Mir wäerten, wa mer domat op en Enn komm sin, ee méi konkrete Plang fir d'Bekämpfung vun der Steierhannerzéiung virleën.

Den «incivisme fiscal» vun dene Leit, déi sech laanscht d'Steier drécken, muss energesch bekämpft gin. Deen, dee Steieren hannerzitt, begeet nët een einfache Kavaléiersdelikt. E schiedegt direkt d'Allgemengheet. Dofir huet e keng Nosiicht verdéngt.

Et gët eng Rei vu Recommandatiounen, déi den Här Krecké gemaacht huet, denen d'Regirung direkt wëll nokommen.

Et kann nët sin, datt déi eenzeg Strof, déi op dee lauert, dee séng Steieren hannerzitt, doranner besteet, datt, wann en erwëscht gët, e séng Steierschold muss begläichen. Et muss esou sin, datt e séng Steierschold muss begläichen, plus eng Amende muss bezuelen, eng Amende, déi proportionell zur hannerzunnener Steier muss sin.

Mir wëllen, esou wéi den Här Krecké et proposéiert huet, ee Service commun anti-fraude op d'Bee stellen, dee sech zesummesetzt aus de Fonctionnairë vum Service de révision vun der Steierverwaltung, vum Contrôle extérieur vun der TVA a vum Inspektiounsservice vun der Douane.

Mir wëllen eng inter-administrativ informatesch Cellule kreéieren an déi inter-administrativ Kooperatioun verstäerken. Do, wou d'Gesetz d'Kollaboratioun tëschent denen eenzelne Finanzverwaltungen zouléisst, soll dës Kollaboratioun verbessert gin. Do, wou d'Gesetz dës Kooperatioun verbitt, sollen déi gesetzlech Bestëmmungen no Méiglechkeet opgehuewe gin.

Mir wëllen d'Délaiën an d'Prozeduren, déi ënnerschiddlech no Steieraarten an no Finanzverwaltunge sin, harmoniséieren, se op d'manst awer do, wou dat nët geet, rapprochéieren. D'Prozeduren an d'Délaië mussen am Kader vun enger globaler Approche harmoniséiert a méi kohärent gemaacht gin. Mir brauchen ee Gesetz, wat all Prozeduren an all Délaië fir all Steieraarte regléiert. Dës Prozedure musse vereinfacht gin.

Mir schafen een zentrale Recouvrementsservice, dee sech mam Andreiwe vun alle Steierscholde beschäftegt, déi de Steierflichtege bei där enger oder anerer vun denen dräi Finanzverwaltungen huet.

Mir studéieren, ob mer ee System vu Kompensatioun tëschent dene Créancen, déi de Steierflichtegen op de Stat huet, an de Scholden, mat denen e beim Stat an der Kräid steet, op d'Bee kréien.

Mir halen d'Châmber selbstverständlech iwwert eis Beméiungen an iwwert eis konkret Schrëtt um lafenden.

Jidferee soll wëssen: d'Steierhannerzéiung gët zu Lëtzebuerg effikass bekämpft.

Här President, Dir Dammen an dir Hären, ech hu ganz am Ufank vu méngen Ausféierunge vum Jor 2000 geschwat. Ech hu gemengt, soen ze kënnen, den 1. Januar 2000 wir keen neutralen Datum. Et géif sech munches nom Antrëtt an dat nächst Jorhonnert änneren. Ech hu gesot, mir wéissten nach nët genau, wat sech wéi géif änneren. Mä eppes wësse mer awer ganz genau: an eisem Renten- a Pensiounswiese muss sech munches änneren, fir datt mer gutt an onbeschiedegt duerch dat nächst Jorhonnert kommen.

Während mer mat rouegem Schrëtt op d'Jor 2000 zoumarschéieren, as eng stëll Revolutioun amgaang, eng Revolutioun, vun där kee schwätzt, mä déi gewalteg Auswierkunge fir eis alleguer wäerd hun.

All Jor gi mer am Duerchschnëtt dräi Méint méi al.

All véier Jor gi mer am Duerchschnëtt ee Jor méi al.

1980 sin d'Männer hei am Land am Schnëtt 70 Jor al gin. D'Fraën hun et op 76,7 Jor bruecht.

*(Interruptions)*

Wann déi heite Perspektiven Iech schon nervös maachen, kann ech Iech soen: et kommen der, déi maachen Iech nach méi nervös!

Am Jor 2015 gin d'Männer am Schnëtt 75 Jor al; d'Fraë behalen hire Virsprong, well si gin 81 an en halleft Jor al. Et dauert, esou liest een, bis an d'Jor 2050, bis datt d'Männer d'Fraën erëm hun, wat d'Liewensdauer ubelaangt, wouraus ee ka léieren, vü datt d'Fraën am Jor 2050 nët éischter wäerte stierwe wéi am Jor 2015, datt d'Männer méi al musse gin, an datt sech déi Problemer, vun denen ech Iech nach ze schwätzen hun, mat Bléck op d'Jor 2050 nach eng Kéier verduebelt staark stellen.

Déi Entwécklung, datt d'Liewenserwaardung zouhëlt, as eng begréissenswäert Entwécklung. Si mécht d'Liewe méi schéin, well se d'Liewe méi laang mécht. Si mécht den Alter méi schéin, well déi, déi am Jor 2015 75 an 81 an en halleft Jor al gin, gi besser al an hun och wesentlech méi vum leschten Ofschnëtt vun hirem Liewen. Iwwert dës Entwécklung soll een also nët kräischen. Et soll ee sech iwwert dës Entwécklung freën. Den Alter as am nächste Jorhonnert keng Katastrof méi. En as mat Liewensfreed a mat -inhalt

verbonnen. Haut scho sin déi al Leit nët méi esou al, wa se al sin, wéi nach virun zwanzeg Jor. Kuckt emol Är Elteren a kuckt emol Är Grousselteren!

Mä wat bedeit déi verlängert Liewenserwaardung fir eis Pensiouns- a Rentesystemer?

Déi verlängert Liewensdauer bedeit, datt mer am Jor 2015 am Privatsecteur 39 Prozent vun de Paië mussen opbréngen, fir d'Rente kënnen ze bezuelen.

Déi verlängert Liewensdauer bedeit am Jor 2015, datt mer am öffentleche Secteur 49,5 Prozent vun de Paië mussen opbréngen, fir d'Pensioune kënnen ze bezuelen.

Dës Zuele sin impressionant. Mech impressionéiere se jiddefalls.

39 Prozent, respektiv 49,5 Prozent vun de Paië musse mer fir eis Renten a Pensiounen dann opbréngen, wann d'Beschäftegung hei am Land viru staark wiisst a wann de Wirtschaftswuesstum hei am Land konstant bleift.

Op 39, respektiv 49 Prozent komme mer awer nëmmen ënner zwou Konditiounen.

Mir mussen all Jor, vun elo u bis an d'Jor 2015, ee Prozent supplementar Aarbechtsplaze kreéieren. Dat heescht, datt mer vun haut u bis an d'Jor 2015 ronn 50.000 zousätzlech Aarbechtsplazen an eisem Land musse schafen.

Mir brauchen, fir nët iwwert 39, respektiv iwwer 49,5 Prozent ze kommen, vun dësem Jor u bis an d'Jor 2015 all Jor ee Wirtschaftswuesstum, dat op d'manst annerhalwe Prozent bedréit.

Wa mer et nët fäerdegbréngen, 50.000 Aarbechtsplazen ze schafen, a wa mer et nët fäerdegbréngen, eis Wirtschaft all Jor 1,5 Prozent wuessen ze loossen, dann entspriechen déi Finanzvolumen, déi mer brauchen, fir Renten a Pensiounen ze bezuelen, nët méi dene vun den aktuariellen Etüden errechneten 39, respektiv 49,5 Prozent. Da komme mer wäit iwwert 40 Prozent am Privatsecteur a wäit iwwert 50 Prozent am öffentleche Secteur.

Wa virum Jor 2015 d'Beschäftegung sech récklefeg entwéckelt, wa virum Jor 2015 de Wirtschaftswuesstum abrécht, negativ gët, da komme mer laang virum Jor 2015 an d'Situatioun, datt 39, respektiv 49,5 Prozent vun der Lounmass musse mobiliséiert gin, fir eis Renten an eis Pensioune bezuelen ze kënnen.

Wa mer 50.000 Aarbechtsplaze méi schafe bis an d'Jor 2015, da sin am Jor 2015 hei am Land 270.000 Leit beschäftegt. Hut Der Iech scho virgestallt, wat dat heescht fir eis Infrastrukturen, fir de Stroossebau, fir den öffentlechen Transport, fir eis Schoulen?

Wann eis Wirtschaft all Jor, bis an d'Jor 2015, annerhalwe Prozent méi staark gët, hut Der Iech scho virgestallt, wat dat heescht fir eis Ëmwelt, fir eis Liewensbedingungen, fir eis Fassong, zesummen ze liewen?

Wann et eis geléngt, 50.000 Aarbechtsplazen ze schafen - dat muss eis geléngen -, a wann et eis geléngt, eis Wirtschaft annerhalwe Prozent pro Jor wuessen ze loossen - dat muss eis geléngen -, dann erreeche mer wéi gesot am Privatsecteur een Niveau, wou mer ee Finanzvolume brauchen, fir d'Renten ze bezuelen, deen 39 Prozent vun der Lounmass ausmécht, an da brauche mer am öffentleche Secteur ee Finanzvolumen, fir d'Pensiounen ze bezuelen, deen 49,5 Prozent vun der Lounmass ausmécht.

Wa mer am Privatsecteur bis 39 Prozent vun der Lounmass mussen opbréngen, fir d'Renten ze bezuelen, dann huet dat folgend Konsequenzen:

- da muss de Kotisatiounssaz fir d'Arbeitnehmer vun 8 op 13 Prozent ugehuewe gin;

- da mussen d'Kotisatiounen, déi d'Betriber bezuelen mussen, och vun 8 op 13 Prozent ugehuewe gin;

- da muss de Beitrag, deen de Stat iwwert de Budget zur Finanzéierung vun de Pensiounskese bäischéisst, vun 8 op 13 Prozent vun der Lounmass ugehuewe gin.

Wa mer am Jor 2015 am öffentleche Secteur ee Finanzvolume brauchen, fir d'Pensioune kënnen ze bezuelen, deen 49,5 Prozent vun de Paiën ausmécht, dann heescht dat folgendes:

- da mussen d'Kotisatioune vun de Beamte vun 8 op 13 Prozent ugehuewe gin; an

- da muss de Stat, dee Stat a Patron zougläich as, 36 Prozent vun der Lounmass opbréngen, fir d'Pensioune kënnen ze bezuelen.

Huele mer emol eng Sekonn un, mir wiren haut schon do ukomm, well mir komme jo mat Sécherheet eng Kéier do un. Wat géif dat dann heeschen?

Dat géif heeschen, datt d'Paiën am Privatsecteur brutto 5 Prozent méi niddreg wiren. Dat géif och am öffentleche Secteur heeschen, datt d'Paië 5 Prozent brutto méi niddreg wiren.

Dat kënnt och heeschen, datt am Privatsecteur d'Paië 5 Prozent brutto méi héich misste sin. Mir musse se jhust bezuelt kréien! Dat kënnt och heeschen, datt d'Paiën am öffentleche Secteur 5 Prozent brutto méi héich misste sin. Da misst de Staatsbudget se bezuelen!

Dat géing virun allem heeschen, datt de Stat am Privatsecteur 11 Milliarde méi Finanzparticipatioun an de Renteregimer misst iwwerhuele wéi dëst Jor. An dat géing heeschen, datt de Stat am öffentlechen Dingscht 2 Milliarde méi misst ausgi wéi am Budget vun dësem Jor.

Dat géing also heeschen, datt de Budget vum Jor 1997 - deen, dee mer elo hun - 13 Milliarde méi misst opbréngen, fir de staatleche Verflichtunge bei der Finanzéierung vun de Renten a vun de Pensiounen nozekommen.

Dat géing also heeschen, datt mer de Budget, dee mer fir dëst Jor ugeholl hun, 13 Milliarde misste kierzen. Et as jo nët virstellbar, datt bei de Budget vun dësem Jor 13 Milliarde géifen dobäi kommen. Et gët der jo vill, déi d'Menung vertrieden, de Budget, esou wéi en as, wir ze héich.

Dat alles géing heeschen, wa mer haut schon do wiren, wou mer mat Sécherheet am Jor 2015 ukommen - an nach nëmmen, wa mer 50.000 Aarbechtsplaze schafen a wann eis Wirtschaft all Jor 1,5 Prozent wiisst -, datt mer d'Gesamtpolitik vun eisem Staatswiese missten iwwerpréifen. Dat géing heeschen, datt all Beräicher vun der Politik zu drasteschen Aspuerungen obligéiert wiren.

Well dat alles esou kënnt, well dat alles mat Sécherheet esou kënnt, renne mer mat Karacho an eng Mauer. Déi Mauer waart op eis den 1. Januar 2015. Déi Mauer waart op eis a genau 20 Jor. Mä déi Mauer kann awer och zäitlech méi no réckelen, wann d'Beschäftegung stagnéiert a wann de Wirtschaftswuesstum nët klëmmt. Mir wësse jo haut schon, datt mer am Jor 2006 am Privatsecteur d'Kotisatioune mussen héijen, d'Arbeitnehmer, d'Betriber an de Staatsbudget musse méi belaaschten. Mir mussen d'Arbeitnehmer, d'Betriber an de Stat onendlech méi belaaschten am Jor 2015, esouwuel am Privatsecteur, wéi am öffentleche Secteur.

Aus all deem, wat ech beschriwwen hun - an dat as weider näischt wéi d'Beschreiwung vun eiser Wierklechkeet -, geet ervir, datt mer nët kënnen esou maachen, wéi wa keng Problemer am nächste Jorhonnert géifen op eis laueren.

Aus all deem geet ervir, fir wat datt d'Regirung mat Nodrock muss soen, datt et am Privatsecteur zu kenge weidere strukturelle Renteverbesserunge ka kommen. Et as dofir, wou mer all Beméiungen am Privatsecteur ledeglech kënnen op d'Unhiewe vun eenzelne punktuellen Elementer konzentréieren.

Aus all deem geet ervir, fir wat datt d'Regirung mat Nodrock soë muss, datt mer am öffentleche Secteur eng Pensiounsreform brauchen. Wa mer keng Reform maachen, brauche mer am Jor 2015 méi wéi 49,5 Prozent vun de Paiën, fir eis Pensiounen ze bezuelen. Dat, wat mer soen, soë mer nët, well mer de Rentner am Privatsecteur ës schlecht géife wëllen. Dat, wat mer soen, soë mer nët, well mer géint d'Staatsbeamte wëlle Stëmmung maachen. Ech sin total onfäeg, géint d'Staatsbeamten ze polemiséieren. Ech schaffen all Dag mat Beamten zesummen. Ech weess, wat se leeschten a wat se schafe kënnen.

Mir soen, datt mer eng Pensiounsreform am öffentleche Secteur brauchen, an datt mer keng strukturell Verbesserungen am Privatsecteur kënnen duerchféieren, well mer dat musse soen. Et wir onéierlech, de Leit dat nët ze soen, wat ee mat Sécherheet weess.

Mir mussen de Leit vun haut soen, wat mer wëssen, well mer de Leit vu mar dat nët alles kënnen zoumudden, wat op se zoukënnt. Déi Jonk vum Jor 2015, déi dann am Ufank vun hirem Aarbechtsliewe stin, wäerte géint déi beschriwwe Problemballung rebelléieren. Si wäerte sech dergéint oplehnen, datt ee groussen Deel vun hire Paië muss opbruecht gin, fir Renten a Pensiounen ze bezuelen. Si wäerte sech dergéint wieren, datt se par rapport zu haut wesentlech méi héich Steiere musse bezuelen, fir datt de Stat séngen Obligatiounen am Renten- an am Pensiounswiese kann nokommen.

An dofir musse mer haut eppes maachen. Mir hu keng Zäit méi. Wa mer bis an d'Jor 2015 waarden, da geet et nët mei duer, an deem Moment wuessend zukünfteg Pensiouns- a Renterechter ofzebremsen. Da musse mer an déi lafend Renten a Pensiounen zolidd aschneide goen. Da géifen awer d'Renten- a Pensiounsbezéier rebelléieren.

Wa mer näischt maachen, rebelléieren déi Jonk. Wa mer näischt maachen, a mir maachen dann eppes, da rebelléieren déi, déi an der Pensioun sin. Wa mer näischt maachen, da gët de Generatiounevertrag vun haut de Generatiounskonflikt vum Jor 2015. Mir hun dofir kee Recht, fir bis an d'Jor 2015 ze waarden. Mir hu keng zwanzeg a keng véierzeg Jor Zäit, mir mussen haut handelen! Och wann et schwéier fällt! An och, wann et méi einfach wir, fir näischt ze maachen. Mir kënnte jo soen: et geet eis haut gutt, an déi vu mar solle kucken, datt se eens gin.

Wann et esou wir, wéi vill Leit mengen a wéi vill Leit soen, datt d'Politiker soss näischt am Bléck hu wéi déi nächst Walen, da géife mer esou denken an handelen. Da géife mer soen: no eis d'Sintflut!

Dat as awer nët eist Politikverständnis. Politik, dat heescht d'Zukunft virbereden. A well dat esou as, musse mer soen, wéi et mat eise Renten a Pensiounen as. An et as esou, datt mer kee Recht hun, d'Brout vun eise Kanner ze iessen.

Ech hu gesot, mir hätte keng véierzeg an och keng zwanzeg Jor Zäit. D'Zuelen, d'Entwécklungen, d'Daten, d'Perspektiven, d'Erwaardunge beweisen dat.

Dofir geet et nët duer, am öffentleche Secteur een neie Pensiounsregim anzeféieren, deen eréischt a véierzeg Jor séng éischt Spuereffekter kann entfalen.

Firwat si mer eigentlech an eise Gespréicher mat der CGFP stieche bliwwen?

Mir si stieche bliwwen, well op der Säit vun der Gewerkschaft d'Bereetschaft nët besteet, direkt ze handelen. Wuel besteet d'Bereetschaft, een neie Pensiounsregim ze definéieren. An dës Bereetschaft huet fréier nët bestanen. D'CGFP verdéngt dofir och Unerkennung fir hiirt Alenken op dësem wichtege Punkt. Mä déi Streck, déi d'CGFP a Richtung vum Ofsenke vum Pensiounsniveau am Kader vun engem neie Pensiounsregim bereet war ze goen, war ze kleng. Hir Virstellung, an Etappe virzegoen, eréischt dann ofzebauen, wann d'Noutwendegkeet vum Ofbau jidferengem haart an d'Gesiicht schléit, war fir d'Regirung nët novollzéibar. Wa mer haut ganz genau wëssen, wat geschitt, da musse mer haut - nët mar - handelen.

Iwwer d'Weigerung, am Kader vum neie Pensiounsregim déi fir d'Problemléisung erfuerdert Ofsenkunge virzehuelen, an d'Weigerung, iwwert d'Ausgestaltung vun engem Iwwergangsregim bis zum Jor 2015 zolidd ze diskutéieren, erkläert, fir wat datt déi Gespréicher zu kengem Resultat konnte féieren. Ech si verdrësslech doriwwer. Ech mengen, och eng Gewerkschaft misst eng Hand mat upaken, fir grouss Problemer ze léisen, esou laang wéi se nach kleng sin. Mä ech verstin awer, datt eng Gewerkschaft nët wëllt mat op dee Wee goen. An ech wëll hei der CGFP ausdrécklech attestéieren, datt mer interessant, konstruktiv, frëndlech a besser Gespréicher wéi soss mat hir haten.

Well et onméiglech as, mat der CGFP eng Enegung iwwert den Iwwerganksregim ze fannen, well et onméiglech as, mat der authentescher Staatsbeamtegewerkschaft en Accord iwwert en neie Regim ze fannen, deen nët nëmmen ee Kompromiss, mä eng Léisung fir déi grouss Problemer as, déi virun eis leien, a well och iwwerhaapt keng Aussiicht besteet, mat denen anere Gewerkschaften aus dem öffentlechen Dingscht een Accord ze fannen, deen eng Léisung wir, wennt d'Regirung sech an denen nächste Woche mat engem Projet de loi un d'Parlament a freet ëm d'Zoustëmmung zu engem Gesetz, wat d'Renten an d'Pensiounen am nächste Jordausend a Jorhonnert soll sécher maachen.

Ech hale fest, datt Handlungsbedarf besteet. Deen Handlungsbedarf besteet schon haut. Ech stelle fest, datt mer keng Zäit ze verléieren hun. An ech huele mat Bedaueren zur Kenntnis, datt sech keng Gewerkschaft, weder eng aus dem öffentlechen, nach eng aus dem private Secteur, bis haut konnt mat de Regirungspropositiounen, déi mer am Oktober 1996 virgeluegt hun, averstanen erklären.

Et as elo un der Politik, fir ze handelen. D'Regirung proposéiert, d'Châmber disposéiert - virum 1. Januar 1998 -, an de Wieler décidéiert am Juni 1999.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hun elo grad gesot, d'Liewenserwaardung géif all Jor dräi Méint an all véier Jor ee Jor zouhuelen. Et as evident, datt dat och d'Problematik vun der Fleeg an engem neie Liicht erschénge muss loossen.

De Gesetzesprojet iwwert d'Flegeversécherung as aus der Suerg eraus gebuer gin, alle flegebedürftege Persounen, déi Fleeg an déi Hëllefen ze gin, déi si brauchen.

Sécher: Lëtzebuerg as haut keng total Flegewüst. Mä d'Existenz an d'Intensitéit vun der Fleeg as iwwert d'Land séier variabel, ännert mat deem méi oder manner flächendeckende Charakter vun denen Institutiounen, déi sech ëm d'Fleeg bekëmmeren, hänkt staark vun der Regioun of, an där de flegebedürftege Mënsch wunnt. All Besoinë sin haut nët gedeckt, a mir verfügen iwwert kee richtegt Instrument, fir d'Flegebedürftegkeet an d'Hëllefsmoossnanem, déi gebraucht gin, ze moossen.

Vü datt dee Phenomeen vun der Flegebedürftegkeet zouhëlt - d'Zuel vun de flegebedürftege Persoune gët op 8.500 geschat -, as et dringend gebueden, jidferengem eng valabel Fleeg ze sécheren. Ëmmer méi Altersheimer erliewen, datt hir Pensionnairë Flegefäll gin. Dat huet zur Folleg, datt Personal muss rekrutéiert gin, an datt huet zur Folleg, datt de Käschtepunkt enorm an d'Luucht geet. Vü datt mer keng seriö Finanzéierungsléisung fir all dës Haiser hun, gët den zousätzleche Käschtepunkt op d'Pensiounspräisser répercutéiert. De Stat dréit d'Käschten, déi ufale fir déi Leit, déi an engem Flegeheim ugeholl gin. Fir déi aner Leit hu mer eigentlech keng Äntwert.

D'Waardeléschten, fir an d'Flegeheimer ze kommen an opgeholl ze gin, gin ëmmer méi laang, obschons mer amgaang sin, een ambitiösen Investissementsprogramm an deem Beräich ze realiséieren. Dat weist wuel, datt mer ee Mangel u Flegebetter hun. Dat weist awer och, wéi grouss datt d'Nout vu ville Familjen as, déi, well se keng Fleeg fir hir Flegefäll doheem offréiert kréien, keen aneren Auswee méi gesinn, wéi d'Iwwerweise vun hire Leit an ee Flegeheim ze beantragen.

De Projet iwwert d'Flegeversécherung as ee Mëttel, fir dem Secteur vun der Fleeg eng adequat Finanzéierung ze gin, as e Mëttel, fir fir jidfereen op eng transparent an objektiv Aart a Weis déi Flegeleeschtungen ze ermëttelen, déi e brauch, as een Instrument, fir eis mat Informatiounen a Statistiken ze wappnen, déi mer brauchen, fir d'Zukunft einegermoosse korrekt kënnen ze preparéieren.

Zanter dem Dépôt vum Gesetzesprojet iwwert d'Flegeversécherung sin d'Aarbechte virugaangen an d'Inhalter preziséiere sech ëmmer méi. Dee Questionnaire, deen eis soll hëllefen, d'Dépendance ze evaluéieren, as fäerdeggestallt gin. Dat selwecht gëlt fir ee Projet iwwert d'Nomenclature. Esou wéi mer et geplangt an och ugekënnegt haten, as op Basis vun dësen Instrumenter een Test gemaacht gin, as iwwerpréift gin, wéi de Modell, dee mer an enger éischter Etapp am Gesetzesprojet néiergeluegt hun, sech an der Praxis géif auswierken.

Déi fundamental Artikulatioune vum Gesetzesprojet sin op engem Echantillon vun 300 Flegefäll getest gin. Véierzeg vun denen zréckbehalene Flegefäll liewen an enger Institutioun, déi aner doheem. Déi eng Halschent kritt d'Allocation de soins, déi aner d'Handicapéiertenzoulag.

Et as nach e bësse fréi, fir definitiv Konklusiounen, op Grond vun där Evaluatioun, déi duerchgefouert gin as, virzeleën. Mä haut schon degagéiere sech e puer Orientatiounen: nëmme ganz wéineg flegebedürfteg Leit erhalen haut eng Hëllef vu professionelle Servicer. Am allgemengen as et esou, datt d'Famill sech débrouilléiert an d'Membere vun hirer Famill, déi flegebedürfteg sin, eleng fleegt. Dofir as d'Objektiv vum Gesetzesprojet richteg, datt een de Familjen, dene Leit, déi ronderëm d'Flegefäll sin, eng zentral Roll zouweist. Et erweist sech als richteg, de Familjen eng Ënnerstëtzung zoukommen ze loossen a si partiell doduerch ze dechargéieren datt een hinnen d'Méiglechkeet gët, op d'Experienz vu Professionelle vun der Fleeg kënnen zréckzegräifen.

Eng éischt Analys vum Echantillon weist och, datt eng enorm Differenz besteet tëscht dene Leit mat enger physescher Dépendance an dene Leit mat enger psychescher Dépendance. Ouni all Zweifel musse mer d'Prise en charge an d'Festleë vun den Hëllefe staark en fonction vun dene verschiddenen Type vun Dépendance nuancéieren a moduléieren.

Eis Evaluatioun hu mer op Basis vun engem sophistikéierte Formulaire duerchgefouert, dee selwer hei zu Lëtzebuerg ausgeschafft huet misse gin. Dëse Formulaire as ebe méi prezis wéi dee Formulaire, deen an Däitschland gebraucht gin as, fir déi däitsch Flegeleeschtungen ze determinéieren. Séng Auswäertung wäerd eis et erméiglechen, d'Definitioune vum Flegegrad méi staark ze nuancéieren. Déi definitiv Konklusioune gin nach gezun a gin am Laf vum Mount Mee vun der zoustänneger Ministesch, der Madame Mady Delvaux-Stehres, virgestallt.

Wéi et och as: d'Regirung kann an allen Debatten, déi de Moment lafen, keng Alternativ zu der Aféierung vun der Flegeversécherung erkennen. Dofir muss d'Flegeversécherung kommen. D'Regirung freet d'Châmber, deen op Grond vun den Evaluatiounen amendéierte Projet de loi virum 1. Januar 1998 ze stëmmen.

Här Président, ech hun Iech elo vill iwwert eis Wirtschaft geschwat, hir Aussiichten, hir Stäerkten, hir Schwächten. Ech hun Iech gesot, wat mer wëlle maachen, fir eis Wirtschaft méi staark, méi wiederfest ze gestalten.

Ech hun Iech geschwat iwwert déi Leit, déi hei am Land wunnen, déi Leit, déi hei am Land schaffen, iwwert hir Problemer, hir Chancen. Ech hun Iech gesot, wéi mer eis Steierlandschaft wëlle veränneren, fir d'Betriber, fir Privatpersounen, wéi mer d'Pensiouns- an d'Renteproblematik gesinn, wéi et a Saache Flegeversécherung virugeet.

Mä d'Lag vun der Natioun, dat sin nët nëmmen Zuelen, dat sin nët nëmme materiell Iwwerleungen, esou wichteg wéi se och sin. Eng Natioun, dat as en Ambitiounskrees, dee vill méi breet as, an deen een am Kader vun enger Ried wéi dëser nët ka ganz ofschreiden.

Mä et gët nach e puer Gedanken, Iwwerleungen, Andréck, déi ech wollt lassgin.

Eng Natioun huet nët nëmmen eng Wierklechkeet no bannen. Eng Natioun huet och ee Gesiicht, an dat déi aner Länner kucken. Eisen Effort, fir eis Entwécklungshëllef nach an dësem Jorzéngt op 0,7 Prozent vun eisem Bruttoinlandprodukt unzehiewen, gët dofir virugefouert. D'Regirung huet décidéiert, iwwerall do, wou et nëmme geet, un internationalen Entschéldungsaktioune fir déi äermste Länner vun der Welt deelzehuelen an alleguer déi bilateral méiglech Entschéldunge virzehuelen.

Eng Natioun, déi gläichzäiteg een effiziente Stat wëllt sin, brauch och eng Justiz, déi fonktionnéiert. An deem Sënn huet de Justizminister Fischbach eng ganz Rei vu Moossnamen an Initiative getraff.

Si reeche vun enger sensibler Erhéijung vun den Effektiver an der Magistratur iwwert eng nei Laaschteverdelung an Informatioun vun de Juridiktioune bis hin zu engem déifgräifenden Agréff an d'Justizprozedur.

All dës Moossnamen an Initiative goufe geholl, fir d'Prozesser ze beschleunegen, méi Transparenz an d'Prozeduren ze bréngen an domat d'Fonktiounsfäegkeet vun der Justiz ze verbésseren.

De Justizminister huet doriwwer eraus de Procureur général gebieden, an engem erweiderte Krees iwwert d'Berufsethik vun de Magistratën an iwwert dat hierarchescht Verhältnis tëscht dem Procureur général an dem Justizminister nozedenken.

An der Justiz as villes a Bewegung geroden.

Grad dofir sin ech mam Justizminister der Menung, datt d'Zäit komm as, fir eng méi global Evaluatioun vun eisem Justizwiese virzehuelen.

D'Justiz as eng vun eise wichtegsten Ariichtungen. Si verdingt et, datt d'Politik sech méi intensiv mat hir beschäftegt. An dofir hu mer de Fraktiounspresident vun der CSV, den Här Lucien Weiler, gefrot, fir eis ee Rapport iwwert d'Justizwiesen zu Lëtzebuerg virzeleën. Den Här Weiler huet dës Missioun ugeholl a mir soen him merci dofir.

D'Zukunft vun enger Natioun gesäit een och an hire Kanner. Dës Kanner brauche Léift, si brauchen awer och Schutz. Dofir proposéiert d'Familjeministesch, d'Madame Jacobs, d'Ariichte vun engem nationalen Autoregulatiounsorganismus, deen d'Fournisseuren an d'Prestatairen, mä awer och d'Utilisateure vum Internet soll responsabiliséieren, wat de Schutz vun de Kanner ubelaangt.

D'Grenzen tëscht dem Kandsin an Erwuessegin verlafen, ouni datt ee se genau ka feststellen, an deem méi grousse Grupp vun denen, déi mer déi Jonk nennen. Hinne muss eis besonnesch Opmierksamkeet gëllen. Dofir huet de Jugendminister, den Här Alex Bodry, een Aktiounsplang elaboréiert, deen d'Participatioun vun dene Jonken an der Gesellschaft méi staark soll maachen. E gesäit ënner anerem vir, d'Altersgrenz fir dat passiivt Walrecht vun 21 op 18 Jor erofzesenken.

En anere Gesetzesprojet wäerd ee sozio-ökologescht Fräiwëllegejor aféieren. Eng ähnlech Initiativ as an Europa ënnerwee. Déi Jonk sollen d'Méiglechkeet hun, sech un allgemeng nëtzleche Projetën, déi vun den ONGën z.B. organiséiert gin, ze bedelegen.

De Concertssall fir déi Jonk wäerd realiséiert gin. Eng Décisioun iwwert den endgültege Site fällt geschwënn.

Déi Jonk, mä nët nëmme si, sin un der Erhalung vun enger propperer a gesonder Ëmwëlt interesséiert. Den Ëmwëltminister, den Här Lahure, huet d'Regirung mat éischten Iwwerleunge ronderëm d'Opstelle vun engem nationale Plang fir eng durabel Entwécklung befaasst. An enger éischter Phas gët en Avant-projet ausgeschafft, dee fir d'Rio-Folge-Konferenz am Juni 1997 zu New York muss virleien. An enger zweter Phas, tëscht Juli 1997 a Juli 1998, gët deen Avant-projet de sozio-ekonomesche Partner zur Konsultatioun virgeluegt. An enger drëtter Phas gët een definitiven Entwécklungsplang redigéiert, deen den Observatiounen, déi entre-temps gemaacht gi sin, Rechnung droë soll. An am Januar 1999 kritt d'Regirung dann een definitiven Entwécklungsplang zur Décisioun virgeluegt. Dëse Plang gët allen Departementer zougestallt a soll a séngen Haaptelementer Agang fannen an d'Elaboratioun vun de Budgetë vum Jor 2000 a vun de Joren duerno.

Eng Natioun muss sech och mat de fundamentale Froë vum Liewen a vum Stierwen auserneesetzen. Mir brauchen hei am Land eng breet Diskussioun ronderëm déi dramatesch Fro vun der Stierfbegleedung an der Stierfhëllef. Mir mussen déi Diskussioun hei am Parlament an dobaussen - a virun allem dobaussen - an der Gesellschaft féieren. Mir musse se ouni Scheiklappen, ouni ideologesch Barriären, ouni virgefaasste Menung ze féiere verstoen. Et as eng schwireg Fro, op déi et keng einfach Äntwert ka gin. Jidferee muss se a séngem Gewësse féieren. Et as keng Fro, iwwer déi Parteien a Fraktioune kënnen décidéieren, mä et as eng Fro, déi mer mussen upake mat Gefill, mat Verstand a virun allem mat där Toleranz, déi ee virun deem anere brauch.

All Natioun huet och hir egen Ambiance. Déi Ambiance spigelt sech op ville Plazen erëm, och an där Landschaft, déi mer déi audiovisuell nennen. Mir hun ee Gesetzesprojet iwwert d'Neiformuléierung vun der Hëllef un déi geschriwwe Press preparéiert. Mir fänken un, een neit Pressegesetz auszeschaffen. Mir wire scho fäerdeg domat, wa mer den Avis vum Conseil de Presse a vun de Journalisteverbänn zougestallt kritt hätten.

Eis Radioslandschaft as liberaliséiert gin. Eng vun de wichtegsten Neierungen am Zuch vun där Liberaliséierung war d'Grënnung vum soziokulturelle Radio. D'Regirung wëll dee Radio viru bestoë loossen. Vum 1. Juni 1997 u send en de ganzen Dag.

D'CLT/UFA kritt den 1. Juni 1997 d'Méiglechkeet, hir Frequenz 88,9, op där haut den Oldie-Sender ausgestraalt gët, dem Lëtzebuerger Radiosprogramm ze affektéieren, fir déi landeswäit Couverture vum 92,5 ze verbesseren.

Mir hun nach eng Frequenz, déi nach nët vergin as. Et as dat d'Frequenz 107,7. Si gët no engem Appel de candidatures attribuéiert, op Grond vun engem kloren a prezise Laaschtenheft.

Iwwert d'Kultur hun ech an dene leschte Joren an den Erklärungen zur Lag vun der Natioun eigentlech vill geschwat. Ech wëll et haut derbäi beloossen, um Schnëttpunkt tëscht Kultur an audiovisueller Landschaft d'Absicht vun der Regirung ze annoncéieren, d'Gesetz iwwert déi audiovisuell Zertifikatën a verännerter Form iwwert den 1. Januar 1998 eraus ze verlängeren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si mat séierem Schrëtt ronderëm gaangen, a mir sin elo um Enn vun där séierer Rondrees duerch Lëtzebuerg ukomm. Nët iwwert alles, wat een hei am Land ka gesinn, hun ech geschwat. Nët alles, wat ze soë gewiescht wir a wat onbedingt hätt misste gesot gin, konnt ech an dëser Erklärung behandelen. Ech wollt mech konzentréieren op dat, wat eis wichteg schéngt, op dat, wourop Dir a vill aner Leit gewaart hut, op dat, wat wesentlechen Afloss wäerd hun op d'Oprechterhale vun all eise Méiglechketen an där Zäit, déi kënnt.

Wann ee sech am Land ëmkuckt, wann ee sech säi Land ukuckt, wann ee mat sénge Leit schwätzt, wann een déi Leit, déi an deem Land wunnen, op irgendeng Fassong gären huet, wann ee sech ewechhält vun deem Tapage, deen déi maachen, déi mengen, si eleng wären appeléiert, fir d'Menung vun de Leit erëmzegin, wann een - wéi soll ech dat soen - de Lëtzebuerger déif an d'Aë kuckt, dann huet een, wann een un d'Zukunft denkt, kee Grond, fir de

Kapp hänken ze loossen. Am Géigendeel! Ëmmer erëm, all Dag op en Neits, stellt ee fest, datt d'Lëtzebuerger sech selwer, hiirt Land an deem séng Zukunft nët opgin hun.

D'Lëtzebuerger hun e feint Gespir fir dat, wat geet, fir dat, wat nët geet, a fir dat, wat nët méi esou geet wéi bis elo. Si hun een ausgeprägtent Gerechtegkeetsgefill an eng gehéiereg Dosis gesonde Mënscheverstand.

Et wir gutt, wann och mir heibannen eise Sënn géife schäerfe fir dat, wat geet, fir dat, wat nët geet, a fir dat, wat nët méi esou goë kann, wéi et bis elo gaangen as.

Mir hun an denen nächste Méint a Jore wichteg Décisiounen ze huele fir d'Zukunft vun eisem Land, fir d'Aart a Weis, wéi et an dat nächst Jorhonnert erawiisst. Wa mer déi richteg Décisiounen huelen, wa mer couragéiert Décisiounen huelen, wa mer wäitsiichteg Décisiounen huelen, da geet dëst Land enger gudder Zäit entgéint.

Wa mer falsch Décisiounen huelen, dann hoffen ech, datt mer de Mutt fannen, fir se ze korrigéieren, wa mer et mierken.

Déi falschsten Décisioun vun alle méiglechen awer wir, fir aus Feigheet, fir aus Bequemlechkeet, fir aus iwwerflächlecher Rücksicht op den Zäitgeescht iwwerhaapt keng Décisiounen ze huelen. Mir mussen Décisiounen huelen!

Merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** D'Châmber hëlt Akt vun der Deklaratioun zur Lag vun der Natioun duerch den Här Premierminister Jean-Claude Juncker. D'Sitzung as opgehuewen.

*(Fin de la séance publique à 16.21 heures)*

# 44e séance

## Mardi 13 mai 1997

*Présidence*
*M. Jean Spautz, Président*

*Ordre du jour*

1. Dépôt d'un projet de loi et dépôt des instruments conventionnels de l'Organisation mondiale du Travail
2. Communications
3. Débat sur l'état de la Nation

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Marc Fischbach, Mme Erna Hennicot-Schoepges et M. Michel Wolter, Ministres.

*(Début de la séance publique à 15.04 heures)*

**M. le Président.-** D'Sëtzung as op.

Huet d'Regirung der Châmber irgendwelch Matdelungen ze maachen?

*(Assentiment)*

Den Här Staatsminister Jean-Claude Juncker huet d'Wuert.

### 1. Dépôt d'un projet de loi et dépôt des instruments conventionnels de l'Organisation mondiale du Travail

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre du Travail.-* Här President, de Grand-Duc huet mech schon de 4. Mäerz autoriséiert, fir Iech de Gesetzesprojet 4304 virzeleën iwwer d'Sécherheet an d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz.

Desweidere géif ech Iech gären an Ausféierung vum Artikel 19 vun der Konstitutioun vun der Weltaarbechtsorganisatioun déi konventionell Instrumenter déposéieren, déi an der leschter Sessioun, an zwar an der 83., zu Genf am Juni d'lescht Jor ugeholl gi sin.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** D'Châmber hëlt Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi a vum Dépôt vun de konventionellen Instrumenter vun der Weltaarbechtskommissioun duerch den Här Aarbechtsminister Jean-Claude Juncker.

### 2. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Châmber ze maachen:

1) D'Lëscht vun denen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten as um Bureau déposéiert.

2) Folgend Dépôtë sin an der Châmber gemaacht gin:

- den 30. Abréll vun der Madame Ferny Nicklaus-Faber: d'Proposition de loi 4299 iwwer d'Ofännerung vum Artikel 382 vum Code pénal;

- den 2. Mee vun der Ministesch vun der sozialer Sécherheet: de Projet de loi 4302 iwwer d'Créancen am Spidolswiesen, an

- de 5. Mee vun der Erzéiungsministesch: de Projet de loi 4303 iwwer d'Formation continue.